


RAKĒTEN

FUM SIGGY FU LETZEBURG.



Nationalistesch Dramen a Wërsen.

Band 1: Kinéksblud.




FERLÂG FU JONGLETZEBURG. - DROK FUM BOURG-BOURGER

— 1914. —

Hommage de l'auteur

RAKETEN

FUM SIGGY FU LETZEBURG.



Nationalisteschen Dramen a Wärsen.

Band 1: Kinéksblud.



FERLÂG FU JONGLETZEBURG. - DROK FUM BOURG-BO URGER

— 1914. —



AL RÈCHT FIRBEHÂL — NODROK FERBUÛDEN.
:: (GESÈTZ 10. MÈ 1898). ::
D'PREMIÈR FUN DESE STÉKER AS „JONGLETZE-
BURG“ RESÈRWÈERT. — FERÉINER DÈRFEN SE
NEMMEN MAT ERLÂBNES FUM S. F. L. SPILLEN.





Kinéksblud.

Nationalistescht Drâma an èngem Akt.



Ménger Familien zöerkant.

SIGGY.



NOTIZ.

De grössen Erfolléch, dén éch mat dem „Gröwenirz“ bei alle gude Letzeburger derfu gedrôn, huôt méch derzö ferfëert, an der kûrzer Zeit fun e pûr Mënt mat èngem neie Band erfirzetriéden. Wât den Orthograph ubelängt, hun éch den Systèm Dicks-Lentz, konséquènt dûrchgefëert, beibehâl, wèl Jongletzeburg e fir séng Member firgeschriwen, wèl e quasi als offizièl betrúocht ka gin a jidefals de prakteschsten as. Dë Régeln, dë de Lentz an den Dicks opgestalt hun, sin dë hei. Et sol ê liésen :

D'Vocâlen.

a, wë a, a Ratte : z. B. Schlappen; oder wë a, a Rater : z. B. Gewan.

â, den nèmleche Lâut gezun : z. B. Lâf (Laub.)

au, wë au, a Baum : z. B. haut (heute.)

âu, den nèmleche Lâut gezun : z. B. Hâut (Haut.)

ë klénkt wë e schârfen e mat èngem ânren e derhanner dé bâl wë en i klénkt : z. B. Klë (Klee.)

é, wë de fransëschen é a vérité : z. B. Lé; oder kûrz, wë z. B. an déch.

ê, den nèmleche Lâut gezun : z. B. Wês (Weizen.)

è, wë e a sperren : z. B. Hèl (Hülle.)

è, wë e, an der, a wë de fransëschen è : z. B. wât dèr.

e, wë ö oder de stomme fransëschen e : z. B. kessen (küssen.)

ei, wë an drei : z. B. Bei (Biene.)

êi, den nèmleche Lâut gezun : z. B. frêi (frei.)

i, wë i, a firren : z. B. Dil; oder wë i a Fibel : z. B. Dir (Türe.)

î, den nèmleche Lâut gezun : z. B. Zwir (Zwirn.)

ié, wë am fransëschen a pitié : z. B. Schniéwel (Schnebel.)

ie, den nèmleche Lâut gezun : z. B. Bîer (Bier.)

ö klénkt wë o mat èngem u derno : z. B. Plö (Pflug)

o, wë o, a Wonne : z. B. Ton (Faß); oder wë o a Wöhn; z. B. Won (Wagen.)

u, wě u a summen: z. B. Summer; oder wě u a Stube: z. B. Bur (Börn.)

û, den nemléche Láut gezun: z. B. Dúsch.

uo, jider Buschtáf fir séch kürz openên ausgesprach: z. B. Muor (morgen).

uó, den nemléche Láut gezun: z. B. Muór (Moor.)

D'Konsonanten.

f iwerál fir v, an um Ên fun èngem Würt fir w.

de g an de j gin ètléehmól wě am franzéschen ausgesprach an da ĝ j geschriwen: z. B. ĝeněern, jummen.

l, m, n gin ètléehmól l, m, n geschriwen, wa se láng gezue gin: z. B. Dal, May.

* * *

An de lèschte Jór sin èng ganz Rei fu klèngen Theaterstéker geschriwen an opgefěert gin, Operèttercher a Koměděstéker, dē dirèkt un den Dicks an de Steffen erennern a mēsches dem Follék gut gefál hun. Éch sin en ânere Wé gáng, en neien, an hu gesicht dē nationalistesch Idéen — dē Jongletzeburg hei am Land fertret — op dem Theater durzestèllen. Èt as mē wě sécher, dat éch dūfir nēs fu gewesse Sōten ugefál gin: Dát lōst méch kál. Zenter dat mir wessen, dat al letzeburger Patrioten ons sympathesch gesent sin, ferte mir nach manner wě fir drun, fir dem letzeburger Follék mat Gewalt d'Ân opzereissen, dat et gesēt, wě d'Affère stin a wîen hei am Land Mēschter as. Éch ferzichten drop, mat Wirdergedeisch méch ze fertédègen; hei sin 3 Theaterstéker, dē solle fir méch schwèzen. Dát as méi Merci u méng Fren an un al Letzeburger Nationalisten an och méng Èntfert op preisesch Arroganz an op d'Erbemléchkēt fun esōer, dē de Letzeburger Num nach beibehálen, esō láng wě e Geschēit dermat ze máchen as, dé ower am lēfsten már schon: „Ich bin ein Preusse“ op dem Knúdeler sange gēfen.

Siggy fu Letzeburg.

PS. Den Hēr Profésser Nic. Welter huôt det Sték dūrggekukt; séng Kritik, schárf a gerécht, wór fir méch fu grössem Wért; éch sōn him merci fir séng Mē.

❖ ❖ **PERSÖNEN.** ❖ ❖

Philipp, Kinék fum Ardënnerlagt.
Stephany, séng Cusin, Dúochter fum frëere Kinék.
Roger Hesper, Adjutant fum Kinék.
Grôf fum Titelbîrg, Kfichsminister.
Marquis fun der Fîélz, Finanzminister.
Lèntz, Justizminister.
Baron Schup, Sekrètèr.
Wollef, Offizëer bei der Gard.
Zolwer, Offizëer.
Ësch, {
Mîrsch, { Folléksdélégüerten.

Minister, Zaldôten. Birger, Stodènten.

Zêit: Ufank 20. Jôrhonnert,

Ûrt: Wâwerbûrg.



Scéneri: Am grosse Sal fum Kinéksschlas.

Scén I.

De Roger elèng.

Éch ferte ganz, mir krëen haut e Wîeder,
Dât zidern dêt de Bauer an de Stêder.
Net ên Amènt wor an der lèschter Nôcht,
Wõ net dem Kinék èng Dépèsch gõf brüocht.
Am ganze Schlas stin op ferbûrgen Dîren
Dûrch dẽ frîem Mensche sêch era ferîren.
Patruljen zëen ôuchter d'Stâd erem
A ruffen alles u mat râuer Stem.
Fun Zêit zõ Zêit get och e Schos gehëert,
Gedêisch wẽ wan èng Charg gõf âusgefëert.
E weide Krês as rondem d'Schlas gezun,
Nei Truppen réken emmer nach erun.
De Kinék mus sêch dach net sêcher fillen
Fir ongestróft sêi Spilche fortzespillen.
Eng Constitutiõn hóut hién fersprach
An drêimol schon dem Laüt sêi Würt gebrach.
Dem Follék séng âl Chêf sin al gefângen,
An zwê derfu gi fléicht nach haut gehângen.
Wan Hellef net an ènger Ston as do,
Da schwammen sî dén ânre Lêichen no.
O dat êch hei mus stôn a néischt dèrf soen,
Dat êch dẽ Schmôd a Schan mus mat erdroen!
Wêl sin êch net gebonnen dûrg mên Êd?
Éch hu fum Kinék, net fum Laüt dest Klêd.
Wê kan êch do nach helleffen a rêtten,
Wan êch net las méch réisse fun al Kêtten?
O Frêhêt! hal dû iwer ons déng Haüt
A brîech der Tyranei hirt êisent Baüt.
E Brêfchen wel êch ménger Mam nach schréiwen,
Si sol net an der Ongeweshêt blêiwen.
Et as de lèschte fléicht. — Méng gut âl Mam!

(Hién helt e Portrè âus der Têsch.)

Se gléicht um Portrè ènger grösser Dam.

(Schreîit).

Scén II.

D'Prenzessin Stephany, de Roger.

D'Prenzessin kent lûos bis hannert de Stul fum Roger a lét em d'Hèn op d'Scheller.)

Stephany: O Philipp, Philipp, as et wirkléch mëgléç?
(De Roger spréngt op).

Roger: Pardon, Prenzessin, éch . . .

Stephany: An dat dâgdëgléç.
Huôs dû da ké Geil më an der Broscht?
Et gëf ê sôn, dû hès këng âner Loscht,
Këng âner Fréd, wë d'Lang mat Fës ze triéden . . .

Roger: Prenzessin, éch . . .

Stephany: O Philipp, lôs méch riéden!
Kuk hei, op ménge Knöen biéden éch,
O Philipp, mâch ons net onglékeléç!
(de Kinék tret op am Hannergront a lauschtert .
Si kôme mir dat Schrèkelécht erziélen,
A méch bei dir nès als Patrönesch wiélen.
O bleif dir sëlwer trei an déngem Würt,
Beschmütz déng Hèn dach net mat éngem Mürd.
Dû gëfs der jo dein Urtel sëlwer sprîechen.
Wans dû net hëls dei feierlécht Fersprîechen.
Regëer dû an hëer net op dë,
Dë néischt ferstin fu Menscheléd a Wë.

Roger: Prenzessin, wan de Kinék léch kent hëern.
Éch si gewes, Dir gëft e sécher rëern.

Stephany (stét op): De Kinék, wë? De Kinék dat si Dir?

Roger: Prenzessin, nèn, et lét en Irtoim fir.
Éch si sên Adjutant, hun zenter geschter,
Méng Épolèt fertosch mat dem Torneschter.
Éch gleichen éppes Sénger Majestët,
Dat ên net licht beim ëschte Blék errët,
Wién hei de Kinék, wién dén ânren nemen.

Stephany: De Blék hu dir zesummen, d'Gësten, d'Stemmen,
De Marsch, zwë Brider gëft der allebëd.
Fergiéwes hët éch net frun léch geknët,
O gëf éch dach beim Kinék et errêchen,
Dat éch Gemit an Hërz och him erwêchen.

Scén III.

Philipp, Stephany, de Roger.

Philipp (tret op): Prënzëssin, schlôt lëch glëch dat aus
[dem Kap.

Èr Politik gefël net Èrem Pap,
Éch kont méch gräd derfun nës iwerzëgen.
Mat Èrer Follékslëf, mat hirem Ségen.
Kom Dir bëi mir net un. Éch pëifen drop.
Wiem et net gët, e Fës bei d'Kescht an hop.
Éch krëen se scho mel — éch hun Zaldöten.
Dë stoppen d'Meiler hiren Affeköten.

Stephany: Dir hut wißol d'Müocht, mè d'Rècht net op der Sët,
Fergiest et net, d'Rècht iwerdauert d'Zët,
An d'Müocht ka jider Ston zesummestürzen . . .

Philipp: Dën hei lëst séng fu këngem séch ferkürzen —
Hu Dir fergies, wät Ère Pap gemát,
Wë d'Birgertom séch rewoltëert hât?
Gesöcht Der d'Blud net läfen an de Strössen,
Mat ganzen Èmern konten d'Leit et môssen . . .
Wät hu Der demols da fun him gedüocht.
Dé Frân a Kanner doseweis geschlüocht?

Stephany: Erennert méch net drun, et as ferüwer —
Ferzei him Got, dén al ons richt doiwer.

Philipp: Dat Rècht, dat éch fun Èrem Pap geüft,
Dat hié fertédégt a mat Blut geüft,
Dat lössen éch fu këngem mir beschneiden,
A mist méng Gard och alles niderreiden.
Dë Hëren hëtte gër èng Constitutiön.
A jëize wät se kenen, 't wër d'Natiön.
Firwät, éch frön. Fir dat e pür grös Meiler
A Sécherhët fru Guillotinnebeiler.
Si mir net gud esö bis haut gefür
Dat wirkclëch nëdég wër e neic Kür?
Ért Follék ka net sëlwer séch regëern,
Et mus e stärken Eisenärm et fëern.

Stephany: O dat Dir mache gëft, wë Dir gesöt.
Gewes hët d'Follék séch dan net beklöt.
Mè Dir löst Èr Minister d'Laüt bedréken.
Bis op dë lëscht Dreps Blut d'ärm Birger zwëken.

- Fer Iéch kent Èr Plesöer nûr a Fro,
 Dir löst se mân, wa neme Gêld as do.
 Méi Land erstékt a wîrgt u sénge Stêtern
 Fir dat Dir nemen Dâg a Nôucht kent lêtern.
- Philipp:** Prenzëssin, Dir fergiest fru wiém Der stîd...
 Éch si scho láng och Èrer Priédégt mid.
- Stephany:** Gëf jidderén sô gut mat Iéch et mëngen...
- Philipp:** Dir bräucht Iéch weider gûr net unzestrénge,
 Éch wés och ðni Iéch wât hei ze mân.
 A lösse méch net mompere fu Brân.
 Dir hut nach emmer mat dem Pâk gehâlen,
 Èr grôste Fréd wër fléicht, wan éch gëf fâlen...
- Stephany:** O Philipp, kën Dir wirkeléch dat sôn,
 Wô éch mat Iéch frun dem Altôr sol stôn?
- Philipp:** Prenzëssin, dat wor Èrem Pap sêi Wellen,
 Dé láng fir méch scho net më bräuch ze gellen,
- Stephany:** As dat elo dë grösség, grösség Lëft,
 Dë him sêi Kinéksmantel ôfgehëlt?
- Philipp:** Wiélt teschent mir an Èren treie Bürger!
- Stephany:** O Philipp, Dir sid blan an Èrem Írger.
- Philipp:** Blan oder net! Dë Sâch krit haut en Èn.
- Stephany:** Onschellégt Blut wel éch net un den Hën.
- Philipp:** Prenzëssin, mir si lërdég mat enâner,
 (wërf e Rénk op den Desch)
 Kréischt net. Fërsûrgt Èr Trönen fir zwë âner,
 Dë geschter Iéch Èr Hënchen nach gekest,
 Dir hut se sécher batter scho fermest.
- Stephany:** O Dú, dën net emol ons Sprôch ka schwëtzen,
 Dé fréch op eisen Trôn séch hir kôm sëtzen,
 Net wël esô méi Laut et fléicht gewolt,
 Mè wël e Blâd Pobeier doru schold.
 Dú friéme Mensch, erbéigelâsënt Wiésen,
 Dât net an onser fréter Sêl ka liésen,
 Húol Déch an Uocht. Wa bis de Stürem do,
 Wë Dir. De Mîrder zëen d'Affër no.
- Philipp:** Éch schlôen... (gët mat de Fëischt op d'Pren-
 zëssin las, de Roger fêlt em an den Ârm),
- Roger:** Majestët!
- Philipp:** Dât sol Der bëssen.
 An ènger Ston lei Dir mer frun de Bëssen.

Éch hun e Blék elo an Iéch gedun,
An éch wés nun, wó éch mat Iéch sin drun.
Dir sid èng Schlång, frun dèr et mir mus bängen,
An dúofir bleift Dir mir am Schlas gefängen.
Dát Zemmer niéwendrun hei siéf Èr Zèl,
Dú, Adjutant, gés mir net fun der Schwèl.
Dir solt Èr Kèngghét lèere bereien —

Stephany: Dát — ni — éch huòle Got derfir als Zeien .
(Roger a Stephany of.)

Scén IV.

Philipp.

Wa nemmen net d'Armě mer ontrei get!
Se hól bis haut mat mir de glèiche Schret,
Wèl éch mat Gèld an Èeren net géizen,
An d'Démagogen emmer gèngt se jézen.
Wan ówer, wan, scho gèt de Schwès mer áus,
Wèl liéwég këm óch net áus desem Háus
Si gèfen liéwég méch a Stéker réissen
A séch wě Hen nach em méng Léich zerbéissen
Mè nógin dèrf éch net, éch si ferlúr,
Get èn èng Spúr fun Angscht bei mir gewúr.

(Et gèt èng Schèl)

Aha wě d'Sàche stin wèrd éch nun hěern,
A mam Ministerròt zó Èn se fěern.

Scén V.

De Ministerròt.

Philipp. D'Minister komen a saluěern. Se huòle Pláz em den
Desch. An der Met de Kinék.

Philipp: Dir Hèren, d'Zéit as kúrz gemiès. Emsos
As al Geschwètz, wó schon den észte Schos
Gefál. Hei hèscht et neme firu máchen,
Wèl wan d'Kanõnen ugefång ze kráchen,
Mus jiderèn op séngem Poste sin.
Hèr Krichsminister, hu Der nogesin,
Ob och al wichtég Plázen occupěert?

Titelbîrg: Éch sèlwer, Majcstět, hun s'inspizěert.
Och net e Knap dé fèlt! Den Truppegèscht
As excellènt, an dát as hei dát mèscht.

Philipp : Dát síewent Régimènt, as dèm ze trauen?

Titelbîrg : Dorober ken Der wě op Fíelze bauen.

Philipp : Mir gǒf gesôt, et wěr ganz enerwult —

Titelbîrg : Glěft mir, dat alles do fum sělwe ruht.

Philipp : De Generól kǒm zwēmōl nach et mēllen.

Titelbîrg : Dé mécht nun émol gēr de Leiden èllen.

Philipp : An d'Propaganda hèt et ganz dūrchsát.

Titelbîrg : Éch wètten dat dé Mensch gedrēmt nēs hāt,
Wě hién séch dru gin huôt fir dē ze fannen.
Dé mēngt och emmer, hié' mist Gěschter bannen.

Philipp : Nu gut, Dir must jo wessen, wě et stēt.

Titelbîrg : Éch bîrgen léch, dat alles hērlech gèt.

Philipp : Gin d'Truppen ugegraf, as schârf ze schěssen,
A fort mat allem, wât en an de Fěssen.

Titelbîrg : Dǒfir súrgt d'Bajonèt scho, Majestět.

Philipp : Wa nemmen nēt dát síewent ons ferrēt. —
Marquis, wě stēt et mat der Tubakssteier?

Fiélz : Schlěcht. Majestět, ganz schlěcht. Mer bráuchen
[neier.

Lèntz : Zem Donner, 't as dach alles scho besteiert,
De Kaffě, Fix, as schrēkeléch ferdeiert.

Philipp : Nei Steiern nēs ze fannen as net licht.

Fiélz : O dach, mè Mensche gin zu Grēnt gericht.

Philipp : Wifil dan ongefēer? Mě wě honnert?
— Da schwětz — a kukt ěn net esǒ ferwonnert.

Fiélz : Et wěr ěng Steier. Majestět, op d'Brōt.

Philipp : Op d'Brōt?

Fiélz : Dát ěnzégt Mettel an der Nōt.

Lèntz : Wât bleift dem klēnge Man da fir ze liéwen?

Fiélz : Éch wēs nēscht ānescht fir de Stád ze hiéwen.

Lèntz : Mächt dir en dan mat Loft a Wässer sât?

Fiélz : Et dēt mer lét, mè fir ons al as dát.

Lèntz : Dir west, dat grád dē klēng Leit drenner leiden,
Sǒ gut wě éch a welt et nach bestreiden?
Schreift mē Protěst och an de Protokol.

Philipp : Dē Sâch as nun erlédégt; ugehol!
Mè net an ěnger Kēer, wuōlferstānen?
(De Minister wénkt jǒ).

Philipp : Hēr Lèntz, síeft rǒég, Dir git net zu schānen.

Lèntz : Éch net, mè munéch āner, Majestět.

- Philipp:** Hèr Lèntz, a wién huót léch de Kap ferdröt?
As ofgeürtélt iwer al Rebèllen?
- Lèntz:** Et as geürtélt schon. D'Rappòre mellen,
Dat kèngem èppes nozeweisen as,
Bis op dë zwè, dë hei geruf frum Schlas.
- Philipp:** Söss, wie kòm dan op de Poste schëssen?
- Lèntz:** D' Gefänge sòn, dat si néischt dofu wëssen.
- Philipp:** Dát gléwen éch, éch wës och néischt derfun.
Wan éch an hirer Pláz et hèt gedun.
Et göwen zwè Rewolwer font am Hal.
Kastëten, Dollécher dë schârf geschlaf,
Éch frôn léch, as dat net Rewolutiön?
- Lèntz:** Et wor èng röég Manifestatiön,
A röég hèt se séch och ofgewékelt,
Wan d'Wüocht d'Kanõnen net gerékelt,
An d'Truppen net mam Kolben dragehân,
Mam Bajanèt gestach no âle Frân.
- Titelbîrg:** A sô? wan Dir mat Stèng git bombardëert,
Da kukt der no, bis si léch massakrëert?
- Lèntz:** De Generól hát net genug kâl Blut —
- Titelbîrg:** Oho, èng Kûgel göng em dÛrch den Hut —
An dú erëscht hun d'Truppen d'Pláz geseibert.
- Lèntz:** Jojo, a schrèkeléch derbêt gereibert.
Dir west, dat d'Hief fum Follék fun al Sèiten
Zesummelèlt bei operégten Zèiten,
Geschékt an d'Mas fu brâfe Leit séch stilt
An do mat Dolléch a Rewolwer spilt.
Mè sollen dôfir dan Onshellég leiden?
- Philipp:** D'Prenzëssin Stephany gëf léch beneiden,
Wa si mat léch kent setzen hei um Desch.
Ër Scrupeln, Hèr Minister, si faul Fesch.
Doiwer leie sèchs zerrasse Léichen
A Blut weÛt Blut, néischt ânescht dët him gléichen.
Mir hun dë Band, dë schold, dat d'Langt a Brand,
Wât hirer wârt, dat lét dach op der Hand.
- Fiélz:** Mir brâuchen absolut e schârfst Exèmpel.
- Lèntz:** Èrt schârfst Exèmpel drët de MÛrt als Stèmpel.
Et lét göngt ké Gefångnen èppes fir
Wë göngt dë zwè, dë bei der Pallèsdir:
Geruf: Constitutiön, Constitutiön.

- Philipp:** An dat sin d'Chèf gräd fun der Rebelliön.
 Dat sin dë grëst fun alle grösse Lompen
 Dë am Ardënnerlant hei opzetrompen.
 Si kömen un der Spetz fun der Colon
 A gi gehängen nach an deser Ston.
- Titelbîrg:** Dat as dat énfachst fir en d'Maül ze stoppen.
- Fiélz:** Da bleift dé Päk bei sénge Wässerzoppen
 A læst séng Patten fun der Politik
 Éwëg. Mir bränchen gur net séng Kritik.
- Lèntz:** Dat, Majestët, kan éch net iwerhüölen,
 D'Gewessensbes dë gëfe méch zermüölen.
 Éch léen an Èr Hèn mët Sigel zrék,
 En äner hüöt döfir fléicht më Geschék.
- Philipp:** Hèr Lèntz, dat hèt Der läng scho solle mächen,
 Wan Dir këng Fréd më hát u Richtersächen.
 Éch hu fum äle Kinék léch nach krit,
 Dir wört schon demols zimléch öfgemid.
 Aus Piëtët wolt éch léch bëbhälen,
 Mè döfir dèrf d'Justiz dach net ferälen.
 Dir hut gebrach mat der Fergängenhét
 An léch als älen Démokrat ferkléd,
 Dé Pèlz stët léch am bëschten nach fun allen,
 Mè weist nur net Èr ofgeschlaffe Krallen.
- Lèntz:** Dan dèrf éch also goe, Majestët?
- Philipp:** Dir kent nu gôn, a merci fir Èr Räd. (Lèntz of).
 Hèr Baron Schup, Dir sit fun häut Minister,
 Éch bräuch enèrgesch Leit a këng Philister.
 Sëtzt d'Urtél op, de Fal as ons jo klôr,
 Dë zwë gi gléich gehäng beim nëngte Fôr.
 As et geschit? Get hir, éch enerzèchnen,
 Dat kën et wot, séng Geltégekët ze léchnen.
 (È schèlt; den Offizëer Wollef kent; de Kinék
 get him d'Urtel).
 Gröf Barden, Komédant fum nëngte Fôr.
 (Offizëer of).
 (Èt schèlt; den Offizëer Zolwer kent a liést).
- Zolwer:** Dépèsch fum Generöl fum zwëte Kôr:
 „Grös Folléksmassen zëen séch zesummen“.
 Dépèsch fum Polizeichèf Quartier Strummen:
 „Dréi hémelék Fersamlonke gesprèngt“.

Philipp: Dir Hèren, dir gesit, dat d'Zéit ons drèngt,
 Et schèngt, d'Lektiõn fu gescht huõt net gehollef,
 Et gèt den Hère Birger, wè dem Wollef,
 Dèn d'Hòr serlèert, ower d'Naüpen ni. —
 Nu kent nach ons Prinzèssin Stephany.
 Et dèt mer léd, dat éch se mus ferkloen,
 A flécht fir emmer aus dem Laud ferjoen.
 Et as erwisen, dat si séch ferbent
 Mat de Rebèllen, wèl s'ebémol feyt
 Dat eigentléch den Trõn gëf hîr gehöern,
 A si fil lëwer gëf elèng regöern.
 Dir Hèren, wèl éch kloen, kan éch net
 Och Rîchter sin. 'T mus èn aus èrer Met
 Méch an der Prèsidèntecharg ersèzen,
 Fir d'Wöerécht elei eraus zè brètzen.
 Dir, Marquis fun der Fièlz, Dir solt et sin.
 Dir hut döfir dè richtéch Rîchtermin.

Fièlz: Dát, Majestèt, as bal zefil dèr Èer,
 Mir huòle glèich d'Prinzèssin an d'Ferhèer.

Philipp: Mèin Adjutant as Zeien, frot en aus,
 Da fan der hürtéch d'Wöerécht eraus.
 Éch göf och him se döfir ze bewächen,
 Bis dir gesõt, wat éch mat hîr sol mâchen.
 (E schèlt, den Offizèer Wollef kent).
 Git, ruùt mer schnèl mèin èschten Adjutant.
 (Wollef of).

Zolwer (kent): Dépèsch fum Uöwertèstonskomedant:
 „Entdèkt Ferrèter, dè d'Geschetz fernèlen,
 Batri Fòr siwenzèng d'Ferschlessèr fèlen“.

Philipp: Fòr siwenzèng! mè dát beschetzt dach d'Schlas:
 E Glék, dat d'Bürég stârk férdédégt as.

Titelbîrg: An dat d'Ferrèter ener Schlas a Rigel,
 Cns léft kê fort, an hèt en zwanzég Fligel.
 (Roger tret op).

Philipp: Wömat huõt Èr Gefângen d'Zéit ferjot?

Roger: Si huõt dè ganzen Zéit kê Würt gesot,
 A net mat Kréischen opgehal am Zemmer.

Fièlz: Si filt séch also schelléch! dát as emmer
 Schon dát, mir weisen hîr, dat mir net blan.

Philipp: Git, fëert ons d'Prenzëssin gléich eran.
De Roger óf; e keñt mat der Prenzëssin eran.
D'Minister stin op a sëtzen séch nês).

Fiëlz: Prenzëssin Stephany, hei sin Êr Rîchter.
Ëng schwëer Charg, dât sôn ons êscht Gesichter.
Firtëscht: Huòl Dir ons un als Tribunál?

Stephany: Rîcht iwer d'Kinékshâus da sêi Wasál?

Fiëlz: Dir hålt et hêmeléich mat de Rebëllen?

Stephany Wién dât behâpt, sol mir entgëngt séch stëllen.

Philipp: Prenzëssin, éch behâpten dât fir méch.

Stephany: Dir, Philipp, as dât nemme mëgeléich?

Philipp: Dir kôm mir sëlwer et an d'Ûer jéizen,
An Êren Êkel an d'Gesicht mer spôzen.

Stephany: Éch kôm léch d'Nôt fun Êrem Follék klôn,
Dât Êr Minister net më weÏt erdrôn.

Philipp: Do hu der sëlwer de Bewêis, Dir Hêren,
A sin der nach, dë îwerzëgt net wêren,
Den Adjutant wor Zeien fun dèr Scén,
Huòt Würt fir Würt gehëert, da frot dén.
(Roger tret fir)

Fiëlz: (kukt en un): Erlåbt mer, Majestët, léch ze bemírken.
En Írtom fun den Ân mus op méch wírken,
Wël wan éch do den Adjutant gesin,
Da mêngen éch, Dir sëlwer mist et sin.

Philipp: Dir hut ganz rêcht, 't gléicht ên dém ânre factesch,
An dé Moment ferwërt séch daks nach praktesch.
Dir sit den êschten net, dén séch geirt,
Bis éch herno den Írtom obgeklirt
Éch hu méi Gronz derfir dë Sâch ze wellen.

Fiëlz Hèr Adjutant, wât mír dem Kinék schellen
An onser Pflícht, Dir hut et net fergíes,
Dõfir hålt al Êr Wiérder knap gemíes
Jo oder Nën, Êr Aússó as ganz wichtéich,
Wât d'Majestët gesot, as dât hei richtéich?

Roger (fëst): Nën! (Al Rîchter sprangen op.)

D'Rîchter. Wë?

Philipp: Wât? Dir behâpt, éch hêt gelun?

Roger: Né, Majestët, mè net gud úocht gedun,
Dir hut d'Prenzëssin neme schlècht ferstânen.

Philipp: Haha, dât hêt éch kene firâus ânen.

- Sí huót dem árme Jong de Kap ferdrët,
Kukt nemen al, Dir Hëren, wë e blët!
- Roger:** Éch, Majestët, hu gûr ké Gronz ze lëen.
- Philipp:** Hun éch fléicht ên, fir d'Wörécht ze ferdrëen?
Wât wel Dir sôn? Get úocht, Hër Adjutant,
Jó oder nën, hun éch se net bekant?
- Roger:** D'Prenzëssin Nelly keñt ons dát fléicht soen —
- Philipp:** Dir onferschimte Mensch, wë ken Der woen. . .
- Roger:** Sõ ast. Dir wërt d'Prenzëssin gëre las,
Wël d'Késersduóchter Iéch fil lëwer as.
- Stephany:** O, wôr et dát!
- Philipp:** Éch lössen déch erschëssen,
Kanâl!
- Roger:** Éch gëf den Död mat Fréd begrëssen,
Dën an dem Dëngscht méch fun der Wörécht
treft . . .
- E Brëfche font ê geschter, 't wôr Èr Schreft —
Do hun éch Iéch fir gut gelëert kënnen,
Et dét mer lét, dat hién e göng ferbrënnen . . .
Lôst méch erschëssen, wël et as èng Schmot
Ze stôn an Èren Dëngschter als Zaldot.
Wë Dir an d'Hand gehol hut ons Geschéker,
Wât hu mir dú op Iéch gesát grös Stéker
Dir solt de Pap fun Èrem Follék sin,
Dir sit sêin allerírgsten Hënker gin.
Dë bes'che Fréhêt, dë ons íwréch bliwen,
Dir hut dermat e schréklécht Spiļ gedriwen.
Am Blut fum Follék hu Dir Iéch gebúöd,
An 't as net ên, dén net ferflucht Iéch huót.
Mè írger nach sin al dë Ongehëier,
Dë 'éch bewáchen wë zëng Lëchegeier,
Dë teschent Iéch an ons e Grúof geras,
Dën z'íwerbréke fléicht net mëgléich as.
Dë Bãnd Ferrëter, dë kèng Spur fun Èer,
Dë d'Land ferkáfen un de Prenz fun Trëer,
Dë d'Gíelzécht krëen a gro Hôr
Wan hir Ministerplëtzchen a Gefôr.
D'Prenzëssin Stephany kan Iéch nach rëtten,
A wa mir net un hîr èng Schwëster hëtten,
Dë d'Wonnen héle keñt, dë Dir geschlôn,

Èr Kinéksbürg gëf läng net më hei stôn.
Prenzëssin Stephany, siëft Dir méin Írwen,
Mat Èrem Bild am HÍrz, sô gin éch stúrwen.

Stephany: O dat éch léch èng Fréd nach máche ként,
(Get him e Medaillon.)

Huólt dát mat op de Wé, méin árme Frent.

Philipp: Dir Hèren, si Der emmer sô gedelléch,
Beweiser hèt Der dach elo eselléch.

Fiélz: Dir Hèren, huót nach ê filéicht èng Fro?
Nèn. Also d'Urtel spríeche mir elo
No Rècht a no Gewessen, wë et belléch.
Dir solt entschêden, ob d'Prenzëssin schelléch.
Éch froen: Schelléch?

D'Ríchter: Schelléch!

Fiélz: Stróf?

D'Ríchter: Exil.

Fiélz: Fir haut siéf nach de Palè hirt Asyl. —
Bleíft nach de Fal fum Adjutant z'enschêden,
Dén d'Kúr mat frèche Ligen ír woít lèden.
Éch froen: Schelléch?

D'Ríchter: Schelléch.

Fiélz: A séng Stróf?

D'Ríchter: Sol d'Majestët bestemmen an de Gróf.

Philipp (zum T.): Hèr Gróf?

Titelbürg: Éch ruffe gléich séchs Mañ zesommen.

Philipp: Bravo! (Trommen). Wát as dát do? Wát hèscht
[dát Drummen?

Fiélz: (lêft bei d'Fenster). 'T gesêit ên néischt.

Philipp (schêlt, den Offizêr Wollef ként). Dê zwê sin ôf-
[zefêern,

Ruft d'Wúocht. Si sol se gléich schon arrêfêern.

(Wollef ôf.)

(D'Wúocht ként mat opgesâtem Bajonèt a stêlt séch
[op ènger Sêit op.)

Philipp: Prenzëssin Stephany! Dir hut gewoít...

(E ként, net weider, et as, wë wan dâusend Trommele
rabbeln, Stúrm get geblôsen, Salve krâchen. Der-
teschent get emmer geruf: Républik, Républik. Al
stin do, wë fum Bletz getraf; den Offizêr Zolwer
ként mat ferbonnemem Kap).

Zolwer: Dåt síwent Régimènt — — Rewolt, Rewolt ..
Hír op de Palè ríchten se d'Kanõnen — —
Fort, Majestët, sí wellen nêischt ferschõnen .. (õf).
(Den Offizëer Wollef kent).

Wollef: Fort, Majestët! Erstürmt as d'Arsenál — —

Philipp: (sprëngt op de Krichsminister dur a wírchten en)
Du Hõht, du Hõht, huõs mír geluõcht èng Fal ..

Titelbîrg: O, Majestët!

Philipp: Mèi Régimènt, Ferrëter!
(De Marquis fun der Fíelz híeft d'Èrm an d'Lúcht a
fèlt dõd zesummen),

Fíelz: Got síef mer gnèdèch!

Schup: O dë Iweldëter!

Philipp (zum Offizëer Wollef):
O rèt méch, rèt méch, an de grössen Tûr — —
Se si gewes scho láng op ménger Spûr ...

D'Zaldõten: Fort, Majestët, mír bréngen Iéch nach dûréch.

Wollef: Komt, iwerlõst Iéch neme ménger Sûréch —
(Den Offizëer Zolwer kent).

Zolwer: Schnèl, Majestët, Èr Gard huõt méch geschèkt.
Schnèl, stèlt Iéch un hír Spetz.

Philipp: Si Dír ferrékt,

Dat èch als Scheif do stëng fir al Rebèllen?

Zolwer: Wan Dír Iéch net gléich un hír Spetz git stèllen,
Ferlëert d'Gard de Mud, dát as gewes.

Philipp: Mè d'Gard bráuch ménger gûr net fer hír Sches
Git, sot fu mír èch stëng elei ze kuken
An dat se dra sol hân wë d'Mameluken.
(Zolwer õt.)

Wollef: A wát geschit mat der Prenzèssin hei?

Philipp: Mè híre gude Frent as jo derbei.

Titelbîrg: O Got am Himmel, èch — èch si blèssëert.
(Hèlt d'Hand bei d'Broscht).

Philipp: Fort, neme fort, hei gi mir massakrëert.
(al õf bis op de Roger an d'Stephany).

Scên VI.

Roger Stephany.

(D'Stephany léit am Stul. Et as fu séch. Et hëert è fun Zéit
[zu Zéit Trommelen, Schëssen a Blõsen.]

Roger: Prenzëssin Stephany, komt zõ Iéch dach,
(Hién helt se bei den Hèn a richt se op).

Stephany: Dir sit et sèlwer an Dir liéft och nach?

Roger: Prenzëssin, hei ken Dir net lång më bleiwen.

Stephany: Dir wèrt méch dach net welle fort hei dreiwen.

Roger: Prenzëssin, wan de Pák elei Iéch fent,
Dé frét net lang, ob Dir e Folléksfrent.
Dir sit dem âle Kinék da séng Duöchter,
A rôst de Múrd emol am Schlas doruöchter,
Da si mir al ferlûr, an Dir firtëscht.

Stephany: Da stîrwen éch mat Iéch a ganz getrëscht.

Roger: Prenzëssin, liéwe sol Der, liéwe, liéwen — — —
(hié welt se oprichten).

Stephany: Méng Kráft as fort, éch ka méch net erhiéwen.

Roger: Fersicht et wënistens, e bes'che Mud.

Stephany: Fer wién da nach?

Roger: Fir d'Lang an Èrt jongt Blut.

Scên VII.

Roger, Stephany, Philipp.

(De Kinék kent era gestîrmt, fêlt op e Stul.)

Philipp: Éch si ferlûr, ferkâft, éch si ferrôden — — —
Prenzëssin, Dir stit jo an hire Gnôden,
O schwëtzt fir méch — si hun den Tûr besât,
Den Tûr, an dén éch kâum gerèt méch hát — — —
Éch ganz elèng entkôm, dôd sin al âner,
Sî leien an den Trâpe beienâner — — —
Mêi Fluch op déch, dû siwent Régimènt,
Mêi Fluch op déch, dât siéf mêin Tèstamènt!

Scên VIII.

Dë Firéch, den Offizeer Zolwer kent.

Zolwer: Em Gotteswellen, Kinék, komt dach nemmen — — —
Dir hëert jo der Gard hir dausend Stemmen — — —
„Wiv de Kinék“ get geruf.)

Philipp: Sol éch méch affre fléicht? Ha, dë as gud —

Zolwer: Mir schetzen Iéch mat onsem Blut — — —
Ons Sèbel schlôn em Iéch e Wal fun isen . . .

Philipp: Dât ken der mir och âneschtes beweisen — — —

- Zolwer :** Dir wèrt et nach bereie, Majestët,
Wan d'Gard emol d'Gewîrer emgedrët.
(Zolwer ôf, de Roger firt op.)
- Roger:** Dât dèrf net sin, da gët den Trön an Tremmer.
Dât leiden éch net, ni a nemmer,
Fil lëwer wërfe éch mat desen Hèn
Iéch an den Haf der Rebèlliön an d'Zèn.
- Philipp:** Wât wel Dir?
- Roger (zët den Dêgen):**
Fort, sòn éch, Èr Pflicht erfellen!
Dir hëert dach d'Zaldöten no Iéch brellen,
A léit Iéch nêischt un Èrer Kinékskrön,
Da rèt Der wënistens dèr hei den Trön.
(Weist op d'Prenzessin.)
- Philipp :** Éch wës e Mettel d'Krön hir ze ferschâfen —
De Prêts — méi Liéwen '— wel Der hir se kâfen?
- Roger:** Schwétzt!
- Philipp :** Dir solt Kinék sin a ménger Plâz.
Dir gléicht mîr jo bis op des klinzég Nâz —
(weist beim Öer)
D'Prenzessin wèrt de Moñd ze hâle wessen,
A sos kèn ânre Mensch wèrt Iéch fermessen —
Dir weist der Gard Iéch, stèlt Iéch këng un
[d'Spetz,
Dir gréift de Pebel un ewë de Bletz,
D'Rebèllen zëen séch frum Schlas zesummen;
An dèr Zêit gin éch hürtéch méch fernummen,
Ferschwannen hëmléch op der âner Sêit —
- Roger:** Schwîrt mîr, dat ni e Mensch Iéch zrék gesêit —
- Philipp :** Éch schwîren. Lôst mer d'Uniform fertâuschen...
(Et geschit.)
- Roger:** Nu fort — De Stûrm sol méch elèng emdâuschen.
- Philipp :** Éch gin — Prenzessin Stephany, fil Glék — —
(E békt séch spettesch, e Knal.)
Ze spët! ze spët! — O trauerécht Geschék!
(E gréift an d'Loft, fêlt död zesummen.)
(Den Offizêr Zolwer kent.)
- Zolwer :** Et as firtlëscht! D'Gard schékt sêit Kinék húolen..
Scho sti mir an dem Blut bis îwer d'Stûolen — —
Wel Dir nu kommen oder net? Sôt schnèl!

Roger: Éch komme, sôt, éch gëng mat iéch an d'Hèl!
(Schreift èppes.)

Dât Schreiwen drôt dem Generôl fu Strössen
Am klänge Fôr. Hié sol se frêi gléich lössen,
Dë zwê, dë scho ferürtélt sin zum Dôd,
Si solle mâchen, dat d'Gemètzal rôt.
De Kinék hât ferjôt al Follékswîrger
Fir séch ze ênen mat den treie Bîrger.
Si solten hun èng Constitutiôn,

Zolwer: Dât as èng Norícht, dë éch gèren droen.
Wiw, wiw de Kinék, fir dé mir ons schloen. (ôf.)

Roger: Prenzessin, éch — éch komme fléicht net zrék,
Prenzessin, biéd fir méch a fir Èrt Glék —
Éch lössen Iéch elèng — dit net ferzweiwel'n
De Wé zô Iéch fir al dë bludéch Deiw'e'n
Dé fëert nemen iwer méch als Lêch —
Éch gin, arwar, — an huôlen Iéch e Réich. (ôf.)

Scên IX.

D'Prenzessin Stephany elèng.

(Si lét op de Knëen. Ebêmol Trommeln, Schëssen,
Ruffen: Républik, Nider mat dem Tyran! Et hëert èn
d'Rewolutiônshym sangen.)

Nider mat de Follékswîrger,
Drénkt mat hîrem Blut Iéch sât,
Sêlwer kene mir frêi Bîrger
Ons regëern an de Stât.
Solle mir fun Honger jéizen
Dat e mësségen Tyran,
Dén ons an d'Gesicht dêt spéizen,
Hèrléch mësség liéwe kan?

Refrain: Nider mat de Follékswîrger,
Drénkt mat hîrem Blut Iéch sât,
Sêlwer kene mir frêi Bîrger,
Ons regëern an de Stât.

Stephany: O Dú douôwen, alles lós ferdîrwen,
Mé net esô en Hêld elo scho stîrwen!
O Himmel, stë mer héi, se kommen hir,
Ferwont hié sêlwer — o, wë blud séng Stîr!

Scên X.

Stephany. De Roger a wât nach bleift fun der Gard.
Zolwer.

- Roger:** Prenzëssin, 't stèt net gud. Mîr musse stîrwen;
Kukt hei, si wessen èxcèllènt ze firwen —
- Stephany:** Ferbanne löst méch wënistens Èr Won —
- Roger:** Ferbanne? - Luxus wèrt an deser Ston.
Stèt iéch rondem méch, dîr méng bráf Kadëtten.
Prenzëssin, löst méin Àrem íéch emkëtten —
Haha, si kome schon. Get Feier! Nach
Emol! Hèrgot. do fèlt e ganze Plach.
- Zolwer:** Schëst, Kanner, schëst. Aha, se bichte bèsser.
- Roger:** Hir a méng Broscht èr Kugeln an èr Mësser.
(Et hëert è ruffen: Wiw de Kinék).
Hålt op mam Feier, èppes gèt do fir —
Et as èng Menschewul firun der Dir —
Et komen zwê der mat blowéís Kokarden
Um Hut geláf a metten enert d'Garden
Bleift stoen, hålt — a sot ons èr Begîr.

Èsch: (hanert der Kulis.)

Ons. Majestët, ons schékt Èrt Follék hir.

Roger: Wât as et, wât se mir ze soe wenschen?

Èsch: Erbârmt íéch Èrer Gard! dë filléch Menschen,
Schékt dë dach net fergíewes an den Död,
Kukt neme, wë schon alles bludégröt.

Roger: Wíé' si dir dan? Dîr drôt um Hut èng Fíeder?

Mîrsch: Mîr sin dem Follék séng zwê lèscht Fertríeder,
Gerèt dûrch íéch! Wan Èrt Ferspríechen gelt,
As d'Roserei fun Follék schnèl gestelt.

Roger: Komt hir!

Scên XI.

Dë Firéch. Èsch, Mîrsch.

Roger: Mái Follék welt also de Friden?

Èsch: Jo, Majestët, mir hu genoch geliden —
Sëchs Régimènter, dë íéch trei ergin,
Hu mîr a schnëllem Marsch gëngt d'Stád gësin,
Nach si mîr stárk, mîr kenten ons wúol wîren,
Mè, Majestët, mir kenen íéch och schwîren,

- Dat dë entláf Minister schoлд dru sin,
 Wa mîr mat de Gewîrer frun Íech stin.
- Roger:** Dât mist der mat dem Kap fu Rêchtes bêssen, —
 Mè híeft kèng Bàng. Dir híert net mẽ schëssen.
 Git, ruft méi Follék hir, ruft jiderèn,
 A wién net goe kan, dém lënt èr Bèn.
 Làft húrtéçh, al, éç wel al Wonnen hêlen,
 A Fréd a Léd als Bruder mat íech dêlen.
- Mirsch:** Dât, Majestët, fergest Èrt Follék ni.
- Al:** Wiw d'Majestët, d'Prenzëssin Stephany.

(Al ôf.)

Scên XII.

Stephany, Roger.

- Roger:** Prenzëssin, mîr bleift nach èng Pflicht z'erfellen.
- Stephany:** Dë wèr?
- Roger:** Éç gin Íech zrék, wât éç Íech schellen.
 Dôd as de Kinék, wiw ons Kinégin.
 (Hié lét hir sém Dègen zô Fës).
 Lôst méch den êschten Dënger fun Íech sin.
- Stephany:** Nê, Roger, nèn, fru mîr sol Dir net knëen.
 Dât kan, dât sol an dêrf net mẽ geschëen.
 Dir sit den Írwe fun der Kinékskrôn
 Fun Kinék krût Der fir Èr Trei s'als Lôn.
 Dir dêrft mat Rêcht a Stolz um Kap se droen,
 Wël kèngem ânre gëf se bêsser stoen.
- Roger:** Éç hu méng Pflicht gedun, dât as méi Lôn,
 Bezúolt ên d'Pflicht da fléicht mat èngem Trôn?
- Stephany:** Den âlen Trôn, dé lét an dausent Stéker,
 Hié fôl zesumme mat dem Landbedréker.
 Èrt Schwirt, dât húot en neien operícht,
 Dén d'Íêft firt d'Follék wë èng Son belícht.
- Roger:** Prenzëssin, nèn, Dir solt méch net ferlêden,
 Íech a kên ânren sol de Púrper klêden.
 Wan d'Follék kept, éç wës wât éç ze dun,
 Wël éç wel net, dat d'Follék gëf bedrun.
- Stephany:** A wan éç sëlwer, Roger, Íech drem biêden,
 Fun dém, wât fir as gâng, kê Würt ze riêden?
 Bedènkt, wât alles draus entstoe kan,
 Wë séch d'Parteien húrtéçh meschen dran!

- Esõ wèr d'Land schnèl rōech an zefriden,
Et huòt dach wirkeléch genog geliden.
- Roger:** Prenzèssin, an dë Stem a ménger Broscht:
Méng Rõ dë fort? Nën, nën, éch hu kèng Loscht
Derzõ!
- Stephany:** Dir welt méch an de Pûrper zwéngen,
Sõ licht sol over kèn et ferdég bréngen,
A wan — komt, Roger, récht mer hir Èr Hand
(stécht him e Rénk un de Fanger)
Dir helleft mîr dan droen d'Krõn fum Land.
- Roger:** Prenzèssin, o Prenzèssin
- Stephany:** Bst! se kommen!

Scên XIII.

**Roger, Stephany, Èsch, Mîrsch, Lèntz, Zaldôten,
Follék, Stodènten,** d'ganz Bün felt séch.

- Lèntz:** Hei sti mer, Majestët, sôt ons e Wûrd,
Dat Dir fergîesse welt Rewolt a Mûrd.
Mîr gin íech och dât feierlécht Ferspriéchen,
Dat mîr an Èwégkêt net mat íech briéchen.
- Roger:** Dir hèt der Hémécht gèr e Pap ferschâft,
Dir hut mat èrem Blud èng Mam íech kâft.
Ardènnerfollék, lós méch dir et soen,
Éch, dén als Kinék hei frun íech di stoen,
Éch sin et net, -- de Kinék dén as dõd,
Fu séngem Blud as nach de Buòdem rõt. —
- Lèntz:** Et as net mëgléch. Da si Dir sêi Bruder,
A gère lósse mîr dem Stád sêi Ruder
An Èren Hèn. Si hu bestân hir Prüf!
Bleift emmer dât, wât íech den Zõfal göf.
- Roger:** Éch biéden íech, lëf Fren, méch unzehèrn.
Als Bruder kan éch net méch proklamèrn,
Wèl Roger Hésper hu se méch genaht,
An éch wor hei beim Kinék Adjutant.
Dat éch gewõt als Kinék opzetríeden,
Doremmer mus éch em Ferzeionk biéden,
Éch hât kèn ânert Mettel an der Hand,
Dât mîr erlâbt den Trõn, dé scho gebrant,
Ze rëtten an d'Prenzèssin Stephany,
Dem Land séng Blum, dem Land sêi schènst Géni

Dë séch fer iéch mat Êifer kôm forwënnen,
An dôfir mâr d'Ëxil hêt lëre kënnen.
De Kinék ka ké Mensch erem iéch gin,
Ëch gin iéch më wë dât: Èng Kinégin!

Al: Wiw, wiw ons Kinégin, lâng sol se liéwen!

Stephany: Ruft net, ruft net, éch hëern et mat Biéwen.
Wât hun éch da gemât fir dât ze sin,
Wôfir en ânere séi Liéwe gin?
Wor éch et dan, dé metten an dem Feier
Gestânen a gelêt d'Regironkssteier?
Sin èr Fertriéder mir zô Dank ferpflicht,
Dat sí zô Liéwe bliwen? Dat d'Geschicht
Fum Land ké schrèkeléche Múrd ferzéchent,
Dúrg dën séch d'menscherléch Natur ferlêchent?
Nach më, de Kinék huôt en Tèstament,
E mentlécht, hannerlôs an dém Momènt
Wô hié gestúrwen, dofu sin éch Zeien!
Hién huôt séch é gewiêlt aus ère Reien
Fer him ze schénken Scèpter, Krôn a Stèr.
Hâlt iéch e fêst, wë 'hién huôt kên iéch gër.
Wiw onse Kinék Roger!

Al: Hié sol liéwen,
Regëern d'Land fum Írz a fun de Riéwen.

Roger: Prenzessin, iwer allem stêt Èrt Rêcht,
Dât ganz elèng as geltéch hei an ècht.

Lèntz: Erlâbt e Wúrt mir âlem Kinéksdènger,
Ëch riéden hei am Num fu méngé Jénger,
Am Num fum Follék dât méch hir geschékt
An d'Fréhêtsloft mat folle Longe schlékt:
D'Prenzessin Stephany kan net regëern,
Wël hire Pap göng sëlwer décrétëern,
Dat ni èng Fra Régènt kènt sin am Land.
Dât Document as wënége bekaant,
Èt léit an de gehêime Stâtsarchiwen,
Dë lánge Jôr a méngen Hèn si bliwen.
A sos huôt kên e Rêcht op onsen Trôn,
Wë grôss och séng Ferdèngschter em d'Natiôn.
Dem Follék stêt et zô séch èn ze wiélen,
Op dën et emmer, iveral kan ziélen.

Onst Follék welt séch sèlwer net regëern,
Dðfir lðst mir e Chèf him présèntëern.
Zwè nobel Kanner hu mir frun ons stòn:
Wié fun dén zwè sol Krðn an Scèpter dròn?

Zò glèicher Zeit: W.w Stephany! Wiw Roger!
(et get dÛrchenàner geruf : Roger! Stephany!

Zolwer: E Kinék fir d'Armë! E Kinék wiélt!

Ësch: Èng Kinégin!

Mirsch: Nèn, d'Stemme gi geziélt!

Lèntz: Zaldôte, Bîrger, lðst mer ons net streiden.
De Stâd, dé wèrt nach net dorennen leiden,
Wa mir e Kinék an èng Kinégin
Mat èngem Mól dèr àler Hêmécht gin.
Prenzessin, sòt ons, si Dir es zefriden?

Stephany: Méi Wellen as fun èrem net ferschiden.

Lèntz: An Dû, dén àus dem Follék gðng erfir,
Dén et beklède welt mat Krðn a Stir,
Weß Dû am Follék séngem Num se droen?

Roger: Mat deser un der Séit wel éch et woen.

Lèntz: Làft, Kanner, làft, ruft d'Stâd, tromt d'Land erbèi,
Sot hinnen dat fir enmer d'Hêmécht fréi,
Dat mir e Kinék an èng Kinégin,
Dë mat dem Follék ènt an alles sin.

Al (dÛrchenàner): Wiw onse Kinék Roger, hié sol liéwen!
Wiw d'Kinégin, làft hîr de Mantel wiéwen!

Lèntz: O Dû douöwen, Dé jo alles mécht,
Hâl iwer ons déng Hand, dat ni se brécht
Dë Krðn, dë mir mam Gold fun onsem Hîrz
Geschmat mat filler Fréd a fillem Schmirz.
(Den Offizëer Zolwer kent).

Zolwer: Èr Truppen défilëern, Majestët.

Stephany: Kom, Roger, kom a láuschter op et schlët,
Dem Land sèin Hîrz fir déch — flécht och fir
méch!

Roger: Kom, Stephany, mir mân et glékeléch. —
(E militèresche Marsch get gespiélt; an dèr Zéit ferschwannen al àner fun der BÛn, de Roger an d'Stephany bleiwen elèng, Hand an Hand do stoen a wénken; d'BÛn get rôt belécht bis d'Lid ferîwer as, da fèlt de Rido).

Lid fun den Zaidôten :

Himmel! lôs se lângéçh liéwen,
Dě mat Blut mîr ons erkâft,
Dě mîr op den Trôn erhiéwen,
Wêl sí d'Frêhêt ons ferschâft.
Gef e Glék a gef e Sêgen,
Iwerrêich zô jider Ston,
Wêl hir Fréd as och ons êgen,
An hirt Léd fir ons èng Won.

Refrain :

Himmel! lôs se lângéçh liéwen,
Dě mat Blut mîr ons erkâft,
Dě mîr op den Trôn erhiéwen,
Wêl sí d'Frêhêt ons ferschâft.

— **En.** —



Fum SIGGY fu Letzeburg leien bis elo am Drok fir:

Gröwenîrz, Gedichter 1913.

Raketen, 1914, Bañd 1 **Kinéksblud**.

Bañd 2: **De Lëf fu Letzeburg**.

Bañd 3: **De Pap**.

Nèxtens erschöngen: **Feier a Flâmen**, Trauerspil aus
der „Letzeburger Gesëlschâft“ a
5 Akten.

Stûrm, Nei Gedichter.



RAKĒTEN

FUM SIGGY FU LETZEBURG

Nationalistesch Drâmen a Wèrsen
Band 2: De Lëf fu Letzeburg



Ferlåg fu Jongletzeburg - Drok fum Worré-Mertens
1914.

Hommage de l'auteur

RAKĒTEN

FUM SIGGY FU LETZEBURG

Nationalistesch Drâmen a Wèrsen
Band 2: De Lëf fu Letzeburg



Ferlâg fu Jongletzeburg - Drok fum Worré-Mertens

1914.

Al Rêcht firbehal. (Gesetz 10 Mè 1898.) D'Premièr fun dese Stèker
as „Jongletzeburg“ resèrwèert. Fereiner dèrfen se nemmen mat
Erlábnes fun S. F. L. spillen.

□ □ □

Zöerkant

**Dem Tribun fun der Hëméchssprôch
am letzeburger Parlamènt.**

Dem Dichter fun „Schëfermisch“.

Dem Dichter fun den „Hëméchsten.“

Siggy.



Préfas.

Dat de „Lëf fu Letzeburg“ dé 25000 Preisen, dë an onst Land agefal sin, net gefëlt, as më wë sécher. Dät as och gur net bezwëkt. De „Lëf fu Letzeburg“ göf och net geschriwen, fir de Französen Plesëer ze mån. Mir gehëern net zö dënen, dë op Schret an Tret d'Marseillaise blëren, ðni ze wessen firwät. Mir si frun allem Letzeburger a bleiwen onser Dewis trei: **Letzeburg de Letzeburger!** Dät ferhenert net, dat e mir Sympathien han fir esö Natiönen, dë ons Neutralität an Indépëndenz net elëng op dem Pobeier, më an der Wirkelëchkët respëktëern, an Antipathien fir dë, dë mat der Komplizität fu Ferrëter é Sték nom äneren fun onser Indépëndenz eröfreissën. Wät de „Lëf fu Letzeburg“ charaktérisëert, as, dat më teschent de Reie stët wë dran. Filleicht fent ên oder dén anore letzeburger Patriot, dat d'Letzeburger eigentlëch ze wënég Reliëf an desëm Sték hun; dé sol bedënken, dat d'Persön fum Napoléon ëng Ärt Kolos as, dë al äner Figüren niëwent séch erdrékt; dät treft och zö fir dë äner Stéker, wëeran den Napoléon optret. Firtallerëscht get an desëm Sték é Ponkt fum politesche Program fun der „Letzeburger Nationaluniön“ opgestalt: D'Uniön fun de Letzeburger mat den Elsas-Lotrëngern. Dat si logesch an nëdëg wër, licht an. Dë zwö Natiönen hu jo desëlwëchte Feind:

De Preis.

Siggy fu Letzeburg.



Persönen :

Napoléon I.
Ney, Generól.
Berthier, Adjutant fum Kêser.
Daggo Huberty, Colonel.
Pir Duchscher }
Franz Zinnen } Zaldöten.
Flep Servais }
Jang, Gróf fun Useldéngen.
D'Janny, séng Dúochter, d'Continiér.
Zaldöte fun letzeburger Bataillón.

Ûrt: Fru Jéna.

Zéit: 1806.

Scên I.

Núocht. Am Firdergron loien d'Zaldöten an hir Mèntel agewékelt an der Rei a schlöfen. Am Hannergron stin d'Gewirer a Pyramiden zesummegeleucht. (Tableau Detaille: Le rêve.) Zúr Séit gét e Posten op an öf. — De Wand péift. Et høert én ruffen: „Halte! Qui vive!“ — Et entfert: „Patrie!“ De Schäl get emmer më fër zrékgehét. D'Son gét lúos op. Et høert én d'Diane blösen, dë emmer më no kent. Den Trompèter kent op d'Biin a blést. D'Zaldöten erwéchen a sprangen op. Dë èng máchen Gymnastik, dë áner gi fort, bréngo Késseln orbé a fénken d'Feier un. Dë èng péifen, dë áner sängen. Fil Liéwen.

Franz (léit niéwent dem Pir, rícht séch op):
Dajé, dir as et wífol nach net geménkt? (zét o mam Bën).

Pir: Au, au! dé Kirel huót mer d'Bë ferénkt . . .

Flep: Wárt, wárt! éch wèrt em schons de Schlöf ferdreiwen.
(o schet em Wässer op de Kap.)

Pir: Scho gud! Gë du déch un en ánern reiwen

Daggo: Gèlt, du wörs nés am Drám zu Letzeburg? .

Pir: Éch sötz um Rampar bei der áler Bürg
An den Napoléon hët sollè kommen
Éch hun d'Kanönen grat gehëert brominen,
Et dáuseht mer nach am Oer, nondicas!
Du huót d'Trompèt méch áus dem Schlöf goras.

Daggo: Ja, Pir, dén Dág kan éch och ní fergiessen,
Wan éch och net am Palè wor um Íessen.
Éch an èng ganzég Band Stodènte stong
Ganz ongenèert frum Napoléong

Wiw — Wiw — ze ruffen an an d'Hèn ze klappen,
A mat der Gard hërno d'urch d'Städ ze trappen,
Doräus hu mir èng Ëer ons gemät.

Franz: Méi Pap, dèn hát méch op èng Dir gesät,
Fir dat mer néischt fum Opzug solt entgoen.
Wèl, Frénzy, hëern éch hién haut nach soen,
Lo kont e Man, wë dèn kèn zwëte get.
Kuk do dé klängen Déken an der Met
Dät as en, den Napoléon, kuk sèer!
En huot e groelzéchen Ìverzèer,
E brët röt Band quir iwer d'Broscht gehâng,
A kuk wë as séi pèchschwärzt Hör sö láng,
A wat e Schap fèlt him an d'Än eriwèr — —
Geséis de net do brèden Hitchen driwer,
En huot èng Spetz no rëchts an èng no lènks — —
Kuk hei, en dët en öf! Wät e Gewénks,
Wat e Geklaps, wë d'Hit doremmer flëen,
Ruf mat, (ganz hårt): Wiw l'Empereur! a lös mer zëen,
Wèl hei gi mir nach alleböd erstékt — —

Pir: Et huot net fil gebraucht fir do erdrékt
Ze gin, hët dir gesin dë Menschewullen
Dèn Däg d'urch d'Gässen, iwer d'Pläze rullen — —
Éch wor derbéi wë Bäclëssen hir d'Kand
Him d'Festonksschlessel göf an d'Hand,
Dë d'Hergotsmam zu Ziniklòs gedroen,
An emmer hëern éch de Këser soen:
„Non, non, remettez-les à Notre-Dame!
Elles sont en très bonnes mains!“ O Mam,
Du hát en ons mat Léif a Sël gefängen
An treier huot kè Land un him gehängen,
Wë mir zu Letzeburg fun dèr Ston un
Bis haut a fréier Lëft et hu gedun.

Franz: Sö láng dèn hei e Bajonèt ka fëern,
Sö láng sol kè mer u méi Këser rëern!

Flep: Beweis et haut a schék mat bludég Kèp
Dë Band dohannen, do dë preisesch Dèp
Mat hire grösse Meiler bei der Deiwel!

Franz: Dät wèrt scho kommen, dorun hiéf kèn Zweiwel!

Daggo (helt èng Kärt a bréd s'um Büodem äus):
De Marschal Davoust stët frun Auerstèdt
Wan nach d'Armé fum Bräunschweig an dem Bèt.

Gewes hùot hie schon Ûrder unzegréifen,
A wa frun Auerstédtt d'Granáte péifen,
Gi mir mam Bajonèt op Jéna las.

Flep: Den Hohenloh hélt ons net láng de Bas,
Wèl mir; mir gi fum Kêser kommandëert,
A wö séi stolzen Adeler ons féert,
Do mécht séch schnèl derdûrèg d'Trup fum Preis.
Mat Hiphurra no âlbekantèr Weis.

Daggo: Du hùos et ower âl op d'Preise setzen —
Gef ûocht, méi Jong, wa si én Dâg déch petzen,
Da stíechen si dir an de Mon e Stop,
Mè kê Kamesbröt a kèng Wässerzop . .

Flep: De Letzeburger kan al Mensch gud leiden,
Mè mat de Preise mus en öwég stroiden;
Ëch fluchen emmer wan éch é gesin,
Ëch welt net fir èng Wèlt e Preis haut sin.
Komt, kukt se nemmen an de Minètsbîrger,
Ëch si gewes, dir bascht geschwen fun Îrger.

Franz: Méi lëwe Flep, do kene mir néischt mân.

Flep: Néischt mân, néischt mân? Si mir da fléicht âl Frân?

Daggo: Dât fent séch alles schons é gude Mûrgen,
Et kent fum sèlwen, d'Nöt wèrt dûrfir sûrgen.

Pir: Hèr Léitenant, de Kaffi as scho gud (brèngt him èng Tås).

Daggo: Da löst mer kuken, wât der schènes hut (si drénken).

Franz: Dén as nach láng net iwel fir de Méchen,
E mécht é bál sö wârm wè Muselgrèchen.

Flep: Ëch welt, éch hèt èng Quètschendrep fir dran,
Dan hël éch wüfel e Fâs dés Schlütgen an.

Pir: As d'Janny nach net op?

Franz: Gö et erwèchen!

Pir: Ëch sôn, de Flep gëf gèr séng Scholde blèchen,
Da kent et sécher, wèr et och am Lèp,
Wèl dén hùot al Jôrhonnert nemmen Knèp.

Franz: A nemme fir èng Fëerlston alkëer,
Do mus é béi séch mâchen an dât séer.

Flep: Hèt éch èng Dose Kë wë dir am Stâl!

Al: Oho!

Pir: Dât do ferbide mir ons âl. (De Pir mat âner Zal-
dôten ôf; et hëert é rufen a lâchen: „Janny, Janny!“).

Scën II.

De Pir an äner Zaldöten bröngen d'Janny op de Scheleren eran; et wirt séch.)

Janny: Éch biëden iéch, Dir Hëren! Löst méch göen!

Pir: As dat de merci wël mir déch gedroen ?

Janny: Éch sön iéch filmols merci fir èr Mò!
Mè löst méch och eröf! Dir dut mer wë!

Daggo: Dajé, dajé, et fërt jo, sëtzt ot nidor! (et geschit.)

Janny: O Mam! Mir gët e Schuder dûreh al Glïder,
Sö hun se méch no réchts à lénsks gehéit.

Pir: Jo, jo, a wiën as schold drun, dat mir Stréit
Hu krit, fir d'Joffer Zemperléch ze droen ?

Janny: Éch wel och ganz gewes néischt gënt iéch soen,
Döfir hun éch iéch al jo fil ze gir.

Al: A mir dan?

Pir: Kuk, wan éch e Kinék wir,
Éch hët déch ower gir! —

Franz: An éch net manner!

Janny: Éch wës! Mir si jo letzeburger Kanner!
An dûfir gin éch haut dem Bataillön
Aûs mëngem Fës'schen grätis èng Ratiön, (Brawo, wiw d'Janny.)
Fir dat der nemmen net bräucht unzedréken,
Wan d'Preisen wirkléch solten un iéch réken!

Flep: Wät! unzedréken! Hm, dë as net schlécht! (e jëzt dem
[Janny an d'Öer.]
Hë Janny, bas de wirkoléch orwëcht? (d'Janny schlët no em.)

Janny: Dir west dach, wät dë Preise fun ons söen:
Si hëlen d'Land a gëfen ons net froen,
Ob mir d'akor dermat fir Preis ze gin.

Flep: Fil löwer welt éch e Gorilla gin.

Franz: Éch glëwen net, dat mir ze fërte bräuchen,
A jidéfals gi mir frum Preis net kräuchen,
Sö läng mir den Napoléon um Trön
Gesi fun der französescher Natiön.

Flep: Gët Frankréich oner, èdi Lotzeburg!
Da mächen éch méch ênzok op — dërdûrg!

Daggo: Éch wës net, wät der hut mat dem Franzöds?
Hiën as dach och e Friëmo fir ons blös.
Hu dir fërgiës, wë si ons cujenëert,
A letzeburger Kanner massacrëert?

Flep: Wan d'Kleppelmänner si net ugegraf — —

Daggo: Méi Pap hu si erschos, an onsen Haf
Ferbrant, a kê fun ons hát séch fordedégt,
A kê mat engem Würt dë Band belédégt.

Flep: Dát wor och net dem Kêser séng Armê!

Daggo: An d'Republik? Dë rêchens dû net më!
Hir Truppen, wôren dë net och Französen?
An hu si net fun Ârel bis no Hôsen,
Onst âremt Land am Blut ersaufe wellen —
Ëch hëorn dë Canaille elo nach brellen — —

Flep: An éch gesin dëch nach mat mir den Êd
Dem Kêser schwiren, as et dir fléicht léd?

Daggo: Do Kêser huôt méi Würt — dát wel éch hâlen
A fir séng Gloir sin éch berêt ze fâlen,
Më hei dat Hirz schlët fir méi Letzeburg,
Ons kléng lëf Hëmécht mat der âler Bûrg,
Dë séch de Sigfrid op de Bok göng bauen,
A wë séch d'Melusina woit ferrauen,
A wë de Blanne Jang ên Dâg gespilt,
A wë dát âlégt Hërgotsmammebild,
Ons kléng lëf Hëmécht, dë an âlen Zéiten,
Net wöst wât Këtten fir e Land bedéiten,
Ons Hëmécht, dë nës fréi a grôs mus gin,
Wan d'Letzeburger nemmen séch ferstin.

Janny: Dát hëscht zefil fun onse Leit ferlângen.

Daggo: Si streide matenên, bis s'al gefângen,
An dër Zéit stécht de Friemen alles an,
An hëtzt un hinnen wât en nemme kan.

Flep: Huôt net dé frieme Pâk, dë preisoseh Jûden,
Ons âl Geschêfter, si, dë frëer Bûden,
Wës Got, a wât fir ênger Meschtekaul?
Wër net zu Letzeburég alles faul,
A wër ên do, dé stolz gëf proklamëern,
Wan ons friém Hongerlider chicanëern:
Halt! Jidfer Letzeburger as méi Kand!
Ëch sin de Pap fum letzeburger Land!
Eraus mat iéch, sos zëen éch fum Lîeder,
An iéch helt op der Plâz en Donnerwîeder

Pir: (Spréngt op) Jo, hëtte mir dër ên! Më wë e fannen,
Dë séch mat ârmen Deiwle gëf ferbannen!
Wël dát as sécher, gët dé Buték weider,
Da friësse mir ên Dâg nach Hëkekreider.

Franz: Schon haut geséit ên nemme Sondes Flêsch

Flep: An da get glêich gesôt, mir wêre' quësch,
Wa mir aus Roserei Spektâkel schlôen
An d'Wôerécht de friëmen Dêwe sôen.

Daggo: Gowes, mir hu nach kên, mè al Ablêk
Kan ons e Chêf erstôn mat jongem Glêk,
Dê stolz de Lêwefëndel aus dêt brêden,
An dém mir d'Wêe solte firberêden.

Franz: Crêbleu, du dês ons do èng Aùssicht op,
Mir get et schwindelêch bâl an der Kop.

Flep: Jong, du hûos Rêcht, du schwêtz mer fun der Lîewer!
Aplâz dat mir ons êgon Dôdegrîewer,
Mir Letzebûrger mat dém grôssen Hirz,
Lôst ons zesammenhâlen fêst wê Irz!
A bis de Chêf erstêt op dê mir zîelen,
Lôst mir scho glêich an onser Met ê wîelen,
Dên hiê' fertrêde sol bis dat e keÿt.
An durfir schlôn êch fir sêi bêschte Freÿt,
Den Daggo hei — a mir, mir welle strîewen,
Fun haut u nemme mè fir d'Land ze lîewen.

Al: Wiw, wiw den Daggo!

Daggo: Nën, dât dêrf der net!
Êch sin ze jonk, hûolt ên aus onser Met,
Dê rôégt Blut an d'Mensche wês ze fêern,
An dém mir al mat frôer Sêl parêern!

Flep: Êch hâlen och, mir âner sin âl Dêp,
De Fëndel stêng net fêst an onse Grêp.

Franz: Wât dir u Jôre félt, dât weit net schwêer,
An du ersêtz et zéngmol dûrch déng Lêer!

Pir: An du elèng wês ons mat stolzer Krâft
Ze schwêtzen fun der Hêmécht, dê ferkâft —
Ferrôde get, wa mir se mâr net rêtten . . .
Du — fêer ons, mir briëchen schon hir Kêtten.

Flep: Jê, hûol et un, kuk hei, dê âl a jong,
Hun âl dêi Num elo op hîrer Zong — —

Daggo: Nu gut, et siéf. Êch hûolen u mat Frêden
Am Num fum Chêf séng trei Armê ze lèden.

Al: Brawo, brawo, brawo!

- Daggo:** A fëert d'Glék
 En Däg ons nés an ons lëf Hémécht zrék,
 Da flattert no ácht Dég op al Bastiön
 De Fëndel dé gescháf huöt ons Natiön
 An dé nés énégt ons zerrassen Hémécht,
 Wát sos ké fërdég bréngt an och sos ké mécht.
- Pir:** Mè wë ferstin éch dát? As d'Tricolor
 Dan onse Fëndel net, dë lánge Jör
 Um Tur fum Palè hin an hir dët flëen?
- Daggo:** Si as et net, an dir bráucht net ze knëen,
 Frun ñngem Fëndel dé geschmoggelt as
 Dûrch friém Eruwrer an onst Héméchtsschlas.
- Franz:** A wë gesát dan áus de Nationálen,
 De Letzeburger, déns du wels entfálen?
- Daggo:** Séchs Stráife wéis, derteschent fennef blo,
 Al schif gelúogt — net richt eróf wë do,
 (Weist op de franzésche Fëndel)
 An drop de röde Lëf, dé mat de Kloen
 Dët páken no dé fennef himmelbloen,
 Dát as de Fëndel dën áchthonnert Jör
 Geklákt op jidfer letzeburger För.
- Janny:** Zu Ettelbrék do háten d'Kleppelmänner
 Séch é gemát mat blo a wéisse Bénner,
 An drop mat Blut gemólt de röde Lëf
 Fir dat e jider Féind erschreke gëf.
- Daggo:** Don álen Dëngens Jang huöt daks erziélt,
 Wë hién én Däg dé Fëndel áusgewiélt,
 A wë se blanneménches fir si gángen
 Wë hire Fëndeldrëer wör gefángen . . .
- Pir:** Dát gléft de Pap, dat se du dra geschlön . . .
 Éch welt mir hëtten och frun ons hei stön,
 Dát hëllégt Bild fum letzeburger Land,
 A pláz dát Duch elo — „Drapeau“ genant.
- Flep:** Der Deiwel jo, dir gëft méch net më kënnen,
 Sö gëf éch op de Pëlz de Preise brënnen . . .
- Janny:** Wan dir mer al ferspriécht de Mont ze hálen,
 An dat et ni de Preise fëlt an d'Králen,
 Da scháfen éch elo iéch éppes hîr,
 Dát éch scho lánge ferstopt op méi Gefir,
 Un dëm éch hëmléch hu gescháft fil Núochten,
 An dát éch gër emgëf mat dáusend Wúochten.

- Daggo:** Mir ferspriechen et op Ęrewürt.
- Janny:** Abé, da wård op méch bei desom Űrt (Janny ôf).
- Franz:** Wât sol dat sin? 't gosét ên daks et stèppen,
Ęch mēnge bál, êch gēf dē Sâch bekèppen.
- Pir:** Hēr Komedant, êch gēf sō gēr mol lüssen,
Erlâbt, dat êch e bessu méch ferfüssen.
- Daggo:** Fergiés mer ower net, méi Jong, orem ze kommen,
Sos lósson êch déch gléich erbó nēs trommen.
- Pir:** Hēr Komedant, erspürt mer dén Afront,
Dat mécht ê krank, wēr ên och stakgesont.
- Daggo:** Da lup, deskœer wel êch der nach trauen.
- Pir:** Dir kent op méch wē op Iéch sëlwer bauen (ôf).
- Franz:** Kuk, wē e léft! —
- Flep:** Dé Kírel as ferléft
An d'Janny iwer d'Ęern! Wan e schléft,
Dan drémt on hárt fum Janny séngem Menchen,
Dén hién sō gēr gekest schon hēt èng Stenchen.
- Franz:** Dén árme gude Jong! No zwanzég Jôr
As hién bei him net weider wē e wôr.
- Flep:** Et húot èng hēmléich Léft, dēs sin êch sicher.
- Daggo:** Dē fent ên nemmen haut mē an de Bicher.
- Franz:** Hēr Komedant, dat troft net emmer zō,
An dat scho mécht fer Iéch elēng méch frō.
- Daggo:** Dohanne keyt de Papa Jang marjēert . . .
Gowes húot dén nēs Lider komponēert,
Sō majestētesch helt en aus, kukt nemmen,
Do mist ê bál schons d'Instrumente stemmen.
- Franz:** E gléicht net iwel èngem âle Grôf!
Wē flēt dat schnēwēist Hôr him em de Schlôf.
- Daggo:** Hē' wôr et och, mē kan êch iéch net soen,
Dir kent e sëlwer jo dodriwer froen.
En húot beim Pir èngkœer séch ferschwât,
Dat hién e Schlas an âlen Zéiten hát,
Dat Sansculotten him séi Kapd entfēert,
Hē' sëlwer op èng Ensel déportēert,
Wō hién entkôm, an dat e bei al Krich,
Wél hién no séngem Médechen op der Sich.
- Franz:** Ęch glēwen net, dat séch dē zwē erkennen,
Wél hié' jo kēngem Mensch séi Num dēt nēnnen.

Flep: An d'Janny dan? Wës ên wë dât dan hëscht?

Daggo: Et drët en anren Num, dât mân dë mëscht!

Flep: Êch welt alt d'Janny wër dem Jang séng Dúochter!

Daggo: Da gëngs du siwen Dëg am Steps dorúochter!

Franz: Et as fil bësser et bleift wát et wër.

Wûr këm do gude Gëschet fun onser Pôr?

Scên 3.

Dë Firég. De Jang.

Jang: Bonjour, la compagnie! Wát as dât wárem!
De Schwës lêft êngem jo aûs jidfer Ârem!

Daggo: A wifil Kilométer guówen dât?

Jang: Êch hun den Tûr em Jena scho gemát.

Daggo: Iéch húot e gude Gëschet nës'zrékgefëert!

Jang: Wësö! As éppes heierem passëert?

Scên 4.

Dë Firég. D'Janny, de Pir.

Janny: Dât sol der gléich gesin! Më stëlt mer dur,
Hër Komédant, Êr Trup a Positur,
Et mist mer sos fléicht 'em méng Árbécht bängen,
An dât kan êch fun Iéch och wüol forlängen.

Daggo: Bien! Rangez-vous! (De Pir bréngt de Fëndel, flankëert fun
zwënz Zaldóten mat Gewir). Roulez, tambours, roulez!
Présentez armes! Trompettes, sonnez! (Si präsentëern a
stëllen d'Gewirer nider.)
Zaldóten, Lotzebúrger Hëméchtanner!
As et net schën, onst letzeburger Banner?

Al: Wiw, wiw, de röde Lëf fu Letzeburg! (schwënken d'Kápen).

Flep: Eróf mat dem elo, a réist en dûrg (welt mam Bajonët nom
franzëschen Fëndel stiéchen).

Daggo: Halt! néischt esö: Mir si jo kèng Rebëllen,
Wa mir och d'Hëmécht iwer alles stëllen.
Onst Würt húot de Napoléon, a wiën dât brécht,
Der Hëmécht ni a nemmer Êer mécht.

Bréngt hir de Fëndol, dé mer onsen nënnen,
 Fir dén al letzeburger Hirzer brënnen,
 A brët en aus, dat jidfré ka gesin,
 Dat Letzeburg a Frankréich d'Hand séch gin.

D'Zaldöten: Brawo, brawo, brawo!

Daggo: Sö sol et bleiwen,
 Si sollen d'Weltgeschichte zesumme schreiwen!
 An dir, du wäkrécht letzeburger Kand,
 Dir gin éch dese Rénk als Enerpand,
 Am Num fum Chef op dé mir wärde wellen,
 Hie' sol bezuolen wát dir d'Land dët schellen.
 Repos! (d'Zaldöten stëllen d'Gewirer a Pyramiden a grup-
 pëern séch.)

(Zum Janny:)

Kuk, Janny, néischt hüt mir më Fréd
 Gemát, wë dat e Mëdche kent a sét:
 Éch hu ferstánen, an éch bréngen Hellef,
 Fir d'Hémécht fréi ze mán fu fríeme Wellef.

Janny: Hër Komedant, Dir iwerdreift elo,
 Dir gröoft mir d'Idi zö dër Árbécht do.

Daggo: Wë féi gescháft! Wë húos de dát geléert!

Janny: Éch hun dohém bei ménger Mam brodëert.

Daggo: A wë wor dát, wë d'Leit esö alért?

Janny: Must Dir dát wessen?

Daggo: Wát èng Fró?

Janny: Dir wèrt
 Net bës gin, më éch kan Iéch dát net soen.

Daggo: Oho! mais soit. Éch wol déch net më ploen,
 Sö Féngercher ferróde muncherlé.

Flep: Éch mänge, Kand, du húos och net um Hé
 Wë mir geschlôf a bësre frëren Zéiten.
 Déi Wiése schéngt dorober hínzedáiten.

Janny: Firwát bréch dan en áremt Mëdchen net
 Dát fërdég, wan én him séng Lëer get?

Daggo: An Dir do, Papa Jang, sôt néischt deskëor?

Franz: Get ons e Lid zum bëschten an dát sëer!

Jang: Éch wës net op et Iéch gofálen dët.

Pir: Fënkst nemmen an, mir gin Iéch scho Beschéd.

Jang:

U Letzeburg!

Letzeburég, Letzeburég,
 Hëer ons, du hëllégt Land!
 Spréng déng Këtten, réis se durég,
 Schlo em ons e Bruderband!
 Lång genog hu mir geliden,
 Wë se Preisen déch ferkáf.
 Hëer! dë fir déch gestriden,
 Stí nës op aus hîrem Gráf.

Refrain:

Letzeburg de Letzeburger!
 Rôde Lëf, bewách déi Fëld!
 Letzeburg de Letzeburger!
 A sos këngem op der Wëlt!

Un der Spetz fun den Natiönen
 Honnert Jôr hu mir gestân,
 Haut drôn âner Leit ons Krönen,
 Mir, mir drôn un onser Schân.
 Letzeburég, Letzeburég,
 Wách dach op aus déngem Schlôf,
 Kuk, ùe Preis as an der Burég
 Fun dem âle, blanne Gróf.

Feirég Hirzor schlôn der Hëmöcht
 Fu Jongletzeburg entgëngt
 A sí woe wât sos kê mécht,
 Wël sos kê et fërdég brëngt.
 Letzeburg! Op Dôd a Lëwen
 Lëschte mir den hëljen Êd,
 Déch nës op den Trôn ze hîewen
 Aus der Schmod an al dém Lëd.

Onse Fündel hëch ze hâlen
 Rêche mir ons d'Bruderhand,
 A mir stoen, a mir fâlen
 Mat dem letzeburger Land.
 Lëwen Hërgot, lôs e blëen,
 Letzeburg, déi schönste Stër,
 An um Himmel weiderzëen,
 Wël mir hun en al sô gër!

(Sî klappen an d'Hën, schwënken d'Kâpen etc.)

Flep: Dât Lid do musse mer de Preise sangen . .

Franz: Da sol der se gesin dotemmer sprangen . .

Flep: Èch hu méch hës gejaüt, ka net më schwätzen,
Hèt èch e Schnèpschen fir de Brand ze nètzen,
So, Janny, wës de nach, wáz dû fersprach,
Hüos de nach net dát Fès'chen opgestach ?

Janny: Wan dir mer holleift et heihinner brëngen,
Da wol èch gër dë Hëro gléich bedëngen.

Flep: Wan et net weider as wë dát, da kom.
Dan helt déi gånze Këller èng ron Bom. (D'Janny mat e
pür òf.)

Pir: Nu welt èch ower dat mer bei ons hëtten
E schënt Klawëer fir ons zéng Trompëtten,
Da gëf emol engkëer nës gedanzt,
Wan och de Komedant e bes'che granzt.

Daggo: Maija, a wa mer gut am Gång ze drëen,
Dat ons d'lång Lëppen an den Himmel flëen,
Da kent ons iver Hals a Kop de Preis,
An d'Basjonèt sèngt ons èng áner Weis . .
A wát nach bësser an och ka passëern,
De Këser kent gerád ons Poste rowidëern,
Da kente mir ons Tëstamënte mân,
Wël da schlët gléich hei Bletz an Donner án.

Pir: Jé, 't mus èn net ze fil den Deiwel schwirzen . . .

Daggo: Më 't sol èn him och d'Hirner net ferkirzen.

Pir: Hei kommen se, nën d'Lëwen as dach schën . . .

Daggo: Bei jonge Fren an álen Hëméchstën!

Franz: Bei Muselwëin an èngem Hëmmelsbrëtchen — —

Pir: An èngem schëne letzeburger Mëdchen. (Si lächen.)

Scën 5.

Dë Firég, d'Janny, de Flep, Zaldöten. Si brëngen e Fès'chen
op ènger Kërchen a postëern se ganz am Henergront. D'Janny schënk
d'Gubelien fun den Zaldöten fol.

Janny: Nu komt. dir Jongen, fer Iéch al as hei (si stírmen, erbéi).
A net esö! stëlt iéch firtëscht an d'Rei (schënk an).

Flep: Der Deiwel och, dé lëft dûrch èn wë Feier,
Dërs sef èch beienën en halwe Weier.
Wës kën e Bur, dén Dág a Nüocht dërs strëntz?

Pir: An d' Mëdchen dan erëscht, dát hëe krédëntz!

- Jang:** Dé mécht, e jonk nës wë frun zwanzég Summer.
- Janny:** Dé lög och net fir néischt a sénger Kummer
Bäl fofzeng Jör, bis éch e gescht gestët.
- Franz** (zum Flep): Lüos, lüos! dé Kirel schlupt jo wë en Héd!
- Flep:** Häl stel, du séifs jo sëlwer wë en Hënkkel.
Dëng Gärgel mécht scho bäl e kromme Wënkkel.
- Pir:** Dir kukt mer allebët ferdéchtég dran!
- Flep:** Ferlëfte Kûob, päk du dach nemmen an.
- Franz:** So dach dem Janny, et sol mat der danzen!
- Pir:** Fir das de méch hërnochen u kens ranzen,
Wan éch him op séng Fësercher getrat.
- Flep:** Gëlt, hës de Mut, da wërs de scho gléich mat.
- Pir:** Wät sôt der? éch kê Mut! Dir ärem Jongen,
Da kukt emol, wät get elo gesprongen.
Mät nemme Musék, wël dë félt mer nach,
Sos wër éch ganz gewes scho lasgebrach.
- Flep:** Gë nemmen un, mir sürgen fir d'Orchëster.
- Franz:** Mir blösen dir de schönsten Danz fum Wëster.
- Pir:** Abé, da wärt! (e léft op d'Janny dür, pakt et an drët et ronderem.)
- Janny:** Jé, Pirche, wät e Gëk!
Lôs méch dach gön, du tretz mer a mëng Rëk!
- Flep:** Hop, Jongen, hop! alt nemme matgesprongen,
Dät as gesont fir d'Bën an och fir d'Longen!

(Ëng Parti Zaldôten paken ên dén ânern un an danzen dat et krächt. Als Weis sangen se séch: „Zö Arel op der Knipchen!“ Dë âner kuken no; et as ên Dürjernën wë op ënger Kirmes. Ebémol hëert ên e Gejéz dät emmer më no kent: „Wiw l'Empereur!“ Dät Rufen hëlt un bis de Napoléon op d'Bün kent. D'Letzeburger läfen beim ëschte Krësch op hir Gewirer las; an ënger Sekond sti se do a Positur. D'Trommerten schlön op d'Trommen las wë besës).

Scën 6.

Dë Firég. Den Napoléon; Ney.

Daggo: Présentez armes! Vivo l'Empereur!

Zaldôten: Vive!

Napoléon: Voilà un cri qui vient du cœur!

Oh, je le reconnais dans toute mon armée,
C'est bien cette voix là que j'ai toujours aimée. —
Luxembourgeois, je suis content de vous!
Reposez-vous! (d'Zaldôten sti Gewîr bei Fës).

- Ney :** Oui, Sire, partout
Ils sont les premiers dans la bataille,
Ne reculant jamais sous la mitraille.
- Daggo :** Majesté, nous imitons nos voisins,
Nos chers amis lorrains et alsaciens.
- Ney :** Ah, si jamais vous dominez la terre,
Rappelez-vous alors qu'ils sont nos frères.
L'Alsace-Lorraine, le Luxembourg,
Unissez-les en cet auguste jour.
Ensemble nous serons tous invincibles,
Et porterons pour vous des coups terribles ?
- Napoléon :** C'est vrai, j'y ai déjà pensé des fois,
Quand me naîtra un fils pour votre roi.
Mais ce drapeau — que veut-il dire encore ?
Il claque au vent avec la tricolore ?
- Daggo :** Sire, c'est le témoin d'un temps glorieux,
C'est l'étendard du Luxembourg heureux.
- Napoléon :** Vous êtes malheureux sous mon empire ?
- Daggo :** Non, mais jadis nous étions libres, Sire !
- Napoléon :** Eh bien, préparez-vous à l'être encore,
De votre liberté je vois l'aurore.
Gardez de moi comme un précieux joyau
Du jeune Luxembourg le fier drapeau.
- Daggo :** Sire, il sera l'ami de votre France
Et nous rétablirons l'antique alliance !
- (Hién rift): Vive l'empereur! (d'Zaldöten entferen): Vive
l'empereur! Den Napoléon gët fun èngem Zaldöt zum
äneren).
- Napoléon (zum Pir):** Tu as mené la charge à Marengo !
- Pir:** Oui, Sire !
- Napoléon :** Tu as pris un drapeau
A Austerlitz !
- Franz :** Oui, Sire !
- Napoléon (zum Jang):** Voilà un brave
Au noble aspect d'un barde scandinave,
Que je ne me souviens pas avoir vu.
Dis-moi, soldat, où as-tu combattu ?
- Jang :** Chargé le Piémont à Mondovi,
L'Autriche au pont d'Arcole et à Lodi.
Blessé dans le combat des Pyramides,
Sous le ciel bleu des anciens rois Lagides.

Au coup d'État, brumaire dix-huit,
Que l'histoire a gravé sur le granit.
Blessé à Marengo à la poitrine,
En montant à l'assaut d'une colline.
Puis Ansterlitz, et aujourd'hui enfin
J'écraserai l'impertinent Prussien.

Napoléon: Et tu n'as pas la croix? —

Jang: Je l'aurai, Sire,
J'espère, au moins avant que je n'expire.

Napoléon: Non pas! L'injuste oubli a trop duré!
Eh, Colonel!

Daggo: Garde à vous! Présentez
Armes! Ouvrez le ban! — Fermez le ban!

Ney (schwätzt mam Jang èng Weil an da proklaméert en:
Officiers, sous-officiers, soldats!
Sa Majesté, l'Empereur des Français, a daigné conférer la
croix de la légion d'honneur au soldat Jean-Henri, Comte
d'Useldange.

Janny (dêt e Krêsch): O mei Pap! —

Jang: Janny, bas du et, méi Kaṽd?
A wê keṽt dât, dat êch déch net erkant! (lêt den Ârom em et etc.)
— Ah, Majesté, j'avais perdu ma fille
Et la voici, si bonne et si gentille!
Nu gë, méi Kaṽd! Lôs net de Kêser stôen,
Hêrnôche kene mir ons alles sôen. (D'Janny zêt séch zrêk,
den Ney firt weider):

Ney: La croix de la légion d'honneur est conférée au soldat
Jean-Henri, comte d'Useldange, pour les services qu'il a
rendus à l'empereur et à la France.

Sortez du rang! (De Kêser spéngelt him d'Krêiz un, dât
den Ney him présentéert):

Napoléon: Honneur à toi, mon preux!
Reçois pour ton enfant mes meilleurs vœux!

Jang: Sire, merci! J'en garde la mémoire
Et je saurai mourir pour votre gloire!

Ney: Rentrez au rang!

Daggo: Tambours, fermez le ban!

Janny (Keṽt zrêk an iwerrêcht dem Kêser e Bouquet):
Sire, acceptez donc les fleurs d'une enfant
Qui vient de retrouver sur cette terre
La joie et le bonheur en son vieux père.

Napoléon: Merci, ma belle enfant, pour ton bouquet.
Je l'aime bien, lorsqu'il est violet! (et fâle Sches.)

Ney: Sire, il parait que l'ennemi s'avance.

Napoléon: Eh bien alors, il va trouver la Franco!

Berthier (stirzt erân): Sire, vous êtes en danger!
Le général prussien, pour vous cerner
Accourt en hâte avec son avant-garde,
J'ai pu voir les couleurs de sa cocarde.

Napoléon: Je suis certain de l'emporter sur lui
Si l'on parvient à l'arrêter ici,
Au premier choc, deux ou trois minutes,
Je mènerai l'assaut en trois culbutes.
Luxembourgeois, puis-je compter sur vous?

Daggo: Sire, nous tiendrons ici, jusqu'au bout!

Napoléon: Et sais-tu bien quel est le sacrifice,
Que je vais demander à ta milice!

Daggo: Sire, la mort!

Ney: Ah, jeune et fier héros,
Tu sauras bien mourir, lorsqu'il le faut!

Napoléon: Maréchal, ce sont des têtes carrées
Mais les meilleurs soldats de nos armées!
Enfants du beau pays de Luxembourg,
Adieu, je penserai à vous, toujours!

Zaldôten (rufen): Vive l'empereur! (Den Napoléon ôf mat dem Ney
an dem Adjutant.)

Scên 7.

Dö Firég. (D'Charge get hanert der Bün geblôsen, Sches fâlen,
et hëert ên d'preisesch Nationalhym.)

Janny: Pap, lôs méch bei der bleiwen, êch hu Mut!
Êch hu kêng Angscht fru Wonne a fru Blut,
An d'Mam huôt méch golëert si ferbannen!

Jang: O Janny, musse mir esô ons fannen!

Daggo: Komt, Joffer Janny, bleibt dach hoi net zrêk,
A mâcht mer Èrem Pap net d'Hirz nach dèk!

Janny: Êch kan et net, êch gëf dohanne stirwen,
Löst d'Preisen och mat méngem Blut séch firwen.
Wan d'Letzeburger al am Himmel sin,
Wât sol dan nach èng Letzeburgerin?

- Daggo:** Mir sin e pûr, mè d'Hémécht dë as grös,
Si drët nach èng ganz Wëlt an hirem Schös,
A si mir net më hei, da kommen neier,
Wël ëwég brént dat hëllégt Héméchsfeier.
Kom, Janny, kuk, mir fërten al fir dëch,
Gëfs du getraf, éch wër onglékeléch!
- Janny:** Et as ze spët! Gesit der se do kommen?
(„Heil dir im Siegerkranz“ get gespilt.)
- Pir:** Si wërfen mat Granaten a mat Bomben.
- Jang:** Ongléklécht Kap, et as déng ège Schold,
Du huos et sëlwer jo esö gewolt.
- Daggo:** Schnël, schnël, dur hanert d'Fëlz an duk dëch nider!
Mir ëntfre gléich de Preisen op hir Lider!
Formez le carré — chargez — premier rang, feu!
Feu! Rechargez! Deuxième rang — feu!
Si wërten séch net iwer ons behuowen . . .
(E gräift ebëmol nom Hirz.)
Got, Got! (Hie schwénkt a fëlt dem Janny, dat hürtég dur-
gesprongen as an d'Aerm)
Mën âremt Letzeburg, doufowen!
- Janny:** O Daggo, Daggo! So dach nach ê Würt — —
Död, död! de Preis dën huot mer hien gemürd. (Mécht èng
Fäuscht no dër Séit hin).
Bezuolt en dat (e Letzeburger fëlt). Schëst, schëst, knält
alles nider!
(Et fälen erem e pûr Letzeburger).
- Krësch:** Sauve qui peut! (D'Letzeburger sprangen op a wellen fort-
läfen, d'Janny réist den Dëgen dem Daggo aus der Hand
a spréngt op.)
- Janny:** Wöhin? Bleift stoe, Brider!
Dir wërt er' Eer haut nach net ferkäfen?
Wät! Sol de Lëf frun èngem Kûob entläfen?
(Et ergrëift de letzeburger Fündel mat ènger Hand a
weist mat dër âner Hand, wë et den Dëgen huot op de Feind.)
Mir no! Mir no! Wïe' Letzeburger as!
Fir d'Hémécht a fir d'Letzeburger Ras!
(Si gruppëern séch em d'Janny; d'Bün felt séch esö mat
Polferdamp, dat ên néischt më enerschëde kan wë d'Bletzen
fun de Gewirer. Ebëmol get et e Knal op der Bün an et
rëert séch néischt më; hanert der Bün get nach weider
geschos. Dan over brécht d'Marseillaise wë en Donner las;
et hëert ê ruffen: En avant! France! France! Victoire!
Victoire! — De Polferdamp ferzët séch an alles as nës
rôég. Dan hëert ê ruffen: Vive l'empereur! Vive l'empereur!)

Rakéten.

Scèn 8.

(D'Letzeburger leien al död op der Bün an engem Grup. De Fëndel léit op en. Den Napoléon kent mam Ney eran. Si bleiwe stoen an den Napoléon dët den Hut ôf. Eng Weilche stët en esö do.

Napoléon: Maréchal, regardez! Tous ils sont morts!

Ney: Sire, pour vous!

Napoléon: Vous vous trompez encore!

L'éclat que jette un nom de conquérant,
Ne leur fera jamais verser leur sang!

Ney: Pourtant

Napoléon: Non! non! S'ils m'ont donné leur vie.

Leur âme appartient à leur patrie!

Ah, si je n'étais pas empereur des Français,
Je voudrais être duc de Luxembourg.

Èn.

D'Orchèster spilt ganz lüos d'Uölzécht; d'Bün get illuminéert bis d'Ströph zu Èn; de Rido fêlt ganz lüos eröf. —

Èn.





**Fum SIGGY FU LETZEBURG leien am
Drok fir:**

Gröwenîrz, Gedichter 1913.

Rakëten, Band 1: Kinéksblud. Théâtersték.

„ , Band 3: De Pap. Théâtersték.



Nëxstens erschëngt: Feier a Flâmen.
Trauerspiļ a 5 Akten.



RAKĚTEN

FUM SIGGY FU LETZEBURG

Nationalistesch Drâmen a Wèrsen
Band 3: De Pap



Ferlâg fu Jongletzeburg - Drok fum Worré-Mertens
1914.

**Fum SIGGY FU LETZEBURG leien am
Drok fir:**

Gröwenîrz, Gedichter 1913.

Rakëten, Band 1: Kinéksblud. Théâtersték.

„ Band 2: De Lëf fu Letzeburg.
Théâtersték.

„ Band 3: De Pap. Théâtersték.

.....

Nèxstens erschëngt: Feier a Flâmen.
Trauerspil a 5 Akten aûs der »Letzeburger Gesëlschâft«.

Stûrm, Nei Gedichter.

Homage de l'auteur

RAKETEN

FUM SIGGY FU LETZEBURG


Nationalistesch Drâmen a Wèrsen
Band 3: De Pap



Ferlâg fu Jongletzeburg - Drok fum Worré-Mertens
1914.

Al Rêcht firbehal. — Nodrok ferbuoden. (Gesetz 10 Mè 1898.)
D'Premièr fun dese Stéker as „Jongletzeburg“ resèrwèert. Fereiner
dèrfen se nemen mat Erlábnes fum S. F. L. spillen.





F.-J. B.
zöerkant
S.-J. L.

Siggy

Préfas.

An desem Sték göf fersicht, de Portrè ze zéchnen fun èngem Monarch, dé séi ganze Stolz dra sètzt, sèng ganz Missiön dora geséit, de „Pap fu séngem Follék“ ze sin. Mir wenschen dem letzeburger Land fun Hirz, dat him esö e Pap oder èng Mam erstèt, wèl zenter dem „Blanne Jang“, alsö zenter 550 Jôr, hát et zesoen nemmen Stèfpappen a Stèfmammen. Si hun et dèrmössen zögericht, dat et haut áus dausend Wonne blud. Jongletzeburg kukt no èngem áus, dén him helleft, sí ferbannen; mat ènger Ármes, schène Wirder as net gehollef, Döte mussen et sin. — Pap fum letzeburger Follék, déi Land drémt fun dir! lós et net weider wården, d’Nöt as grös!

Siggy fu Letzeburg.

P.S. Den Hèr Professer J. Meyers huöt det Sték dūrggekukt a mer munche Wènk gin; éch sôn him merci fir sèng Mè.



Persönnen:

Jang II., Hèrzog fum Alisonzelant.
Max, de Krönprenz, sei Son.
Octavy Orwal, Dúochter fum Generól Orwal.
Gróf Harper,
Gróf Rammel, } Offizéer, Adjutanten fum Hèrzog.
Léitenant Simmer, }
Marquis fun Arel, Sékrèter fum Hèrzog.
Buby Sprang, 6 Jöer.
Pëter Brand, ålen Zaldót.
Hèr Sës.
Fra Batter.
Sössen Tëtchen.
D'Grötche Batter.
E Paschtöer.
E Schmat.
Generól Gróf fun Èsch.
Majöer Gróf fu Feiånen.
De Chèf fum Protokol.
D'Offizéer fum 6. Régimènt Géní.

* * *

Minister, Pågen, Birger, Bauern.

Zéit: 20. Jörhonert.

Ûrt: Èlzebürg.

Scèneri: De grösse Saļ fum Hèrzogsschlas.

Scèn I.

(Harper, Rammel, gin op an óf).

Harper: Et mus èn onsem åle Jang et lössen,
Dat hièn sei Follék gir húot iwertmössen!
Wåt bei dén ånern e Komédésték,
A séch als dát ferrèt beim èschte Blék,
Dåt kent dem Jang dèf åus dem Groñt fum Hirz.
Et klénkt bei him a sènger Broscht fun Irz.
Èch glèwen net, dat d'Alisonzelant
E Prenz schon hát, dén dát esö húot kant
Wë onse Jang, dem Follék no ze triéden,
A wë en åle Pap mat him ze riéden.

- Rammel:** Dät stemt, du trefs den Nôl grád op de Kap!
 Beim Follék hêscht hién nemme më: „De Pap“.
 An huôt é Bôf dém ânern êng geschloen
 Da sét dén hei: „Ëch gin dem Pap et soen,
 Da kris d'êng Woch bei Wässer a bei Brôd.“
 Si gënge blannemêches an den Dôd
 Fer hire Jang: „De Pap fum klënge Follék!
 Si biéden hié' bál un, an dë wéis Wollék
 Fu sêngem Selwerbárt welt jidferên
 Gesin, dén nemmen zwé gesonter Bën.
- Harper:** Wát si den ármén ále Man daks ploen,
 Mat Frôn a Klôn, 't as wirkléch net ze soen!
- Rammel:** Et mëngt é bal, si filten och eráus,
 Dat dë Geschichten do geschwen nês áus,
 Wel onse Jang huôt un dë nongzég Summer
 A wan hién hárt och wé en Eisenhammer,
 Si wesse wúol dat dât kêng Sécherhêt
 Fir dat hié már net an der Êwégkêt.
- Harper:** A wát da kent, dât gëf êch gère wessen!
- Rammel:** De Krônprez wor ké Frenz fum Fangerkessen,
 An op sêng Léft ewèl më grôs fir d'Land,
 Do stréken êch dach net an d'Flám mëng Hayd.
- Harper:** Êch wés fun him zwô artelêch Geschichten,
 Hié' kënt séch áus a munche Strêch a Spichten.
- Rammel:** Sói Régimènt gëf net fir néischt fersát,
 Si hun d'ganzt Land dohanne wel gemát.
- Harper:** Mè zenterhir huôt é kêng Klo gehêert!
- Rammel:** Et hêscht, de Krônprez Max hêt séch bekêert;
 Êch froe méch, wát wúol dén Dâg geschit,
 Wó onsen Hêrzog Wand dofunner krit.
- Harper:** Dât gëf êng dom Geschicht! Mir hu gehollof,
 Mir wôren emmer em de jonge Wollef.
- Rammel:** A mat gefáng hêscht emmer mat geháng,
 Dât wés jo jidfer Mensch sói liéweláng.
- Harper:** Mir hu bis haut et gléklêch hannerdriwen,
 Wel mir ons d'Nim al firáus obgeschriwen
 A ké bis bei den Hêrzog firgelôs,
 Dé mir net áusgefürscht schon op der Strôs,
 Mè 't wés ên net, wát alles nach ka kommen!
- Rammel:** (Et tromt.) Aha, do fénkt et un firtêscht ze trommen
- Harper:** Né, kuk dach nemmen wat êng Menschemas
 Doniden an dem Haf zesummen as!

- Rammel:** An emmer âner, dë erbôi nach stirmen,
An op der Trâp séch openâner tirmen!
- Harper:** Do hêscht et opgepast, d'Ân opgedun,
Dat kën derdûrch ons wetscht, sos si mir drun.
- Rammel:** Sol éch deskêer nês era se fêern?
- Harper:** Êch gin! Du kans jo d'Gard haut komedêern!

Scên II.

D'Gard zët op a stèlt séch rêchts a lénks fum Trôn an de Fong.

- Rammel:** Halt! Lénks erem! Zrök! Halt! d'Gewir erôf!
(Et kommen no an no Generel a Minister; si huole rêchts a lénks fum Trôn Plâz op den Trâpen. Da fénkt d'Musék banert de Kulissen un d'„Hémécht“ ze spillen. Et get geruf: „Wiw, wiw“, no der êschter Strôf.)

- Rammel:** D'Gewir un! Präsentêert! —
(Den Hêrzog Jang II. kent, gestéipt op zwë Pâgen a betret den Trôn; hië bleift stoen bis d'Musék dë 2. Strôf gespilt, da sëtzt e séch.)

- Rammel:** Un! ôf! (d'Zaldôten sätzen d'Gewir nider.)

- Jang II.:** Grôf!

- Harper:** Êr Majéstét?

- Jang II.:** Dir löst haut d'Leit zesummen

Erân! Êch mus méch bâl frun hinne schummen,
Dat muncherên zwë Stonne scho gewárt
Huot frun der Dir! Dât Wârden dât as hârt.
(Harper schlët un a gët ôf; glêich drop kommen d'Leit eran, bleiwen ower an der Dir êngschterlêch stoen.)

- Jang II.:** Komt, Kanner! Hiëft kêng Angscht! Komt fru méch stoen,
Fir dat éch bêsser jidferê ka froen!

- Buby** (gët fir, dë âner kommen no).

Êch fêrten net, wiw, wiw den Hêrzog Jang! (hië klemt d'Trâpen fum Trôn op a kest dom Hêrzog d'Hant. Den Hêrzog hêlt e bei séch.)

- Jang II.:** Wë hêschs du dan, méi Mênchen?

- Buby:** Buby Sprang.

- Jang II.:** Wës dú dan och, wë âl's de bas?

- Buby:** Sëx Jôer,
Êch si schon âl, wan éch och nach lãng Hôer.

- Jang II.:** Wë as déi Papa dan? Kôm hiën net mat?

- Buby:** Méi Papa as am Himmel!

- Jang II.:** O, o wat!

Wât mécht déng Mama dan?

- Buby:** Si kréischt nach emmer.
- Jang II:** A wiën huót déch heihi geschékt?
- Buby:** Geschékt?
- Jang II:** Maja!
- Buby:** Kën!
- Jang II:** Wë?
- Buby:** Éch hun des Blum geplékt
 Fir déch an éch si kom fer dir za soen,
 Dat d'Mama krank a net më op ka stoen,
 A schons de Papagei am Kéfég död,
 Wël mir ké Gëld am Scháf më hun fir Bröt.
- Jang II:** A wát sol éch da mân?
- Buby:** Gef mir en Dáler,
 Du huós der fil, der neier an der áler.
- Jang II:** Këns du méch dan? Éch hu këng Dáler, Kapit.
- Buby:** Éch kënnen déch scho läng! Éch göf der d'Hand
 Nach gescht, a wan ons Missi nës rem Jonger,
 Da bréngen éch der och zwö löwer bronger.
 Nu gef mer och den Dáler, Papa Jang.
- Jang II:** Aha, wël wës éch wáz de fir e Plang!
 Du gés der Chocla káfen mat dé Suen.
- Buby:** O nèn, dát net! Dát wër déch jo bedruen.
 Éch gin der Mamá se, dé brauch der fil. (En zët e Port-
 [monè aus der Tësch])
 Kuk hei! 't as néischt më dran, kën Zantim, fil!
- Jang II:** Abé, du sols en Dáler krée, Mënchen! (zët en Dáler aus
 [der Tësch])
 Dén as fir déch! Nu gef mer och deng Hënchen!
- Buby:** Éch sön och merci, Papa Jang! (Welt goen.)
- Jang II:** (Hëlt en zrék) Wárt, wárt!
 Huól och der Mama éppes mat! Déi Gärt
 An deng schë Rösen kommen éch már kuken. (Schet Gold-
 stéker an de Portmonè)
 Nu gë mer net op d'Stèng doremmer huken.
 Geldu! (de Buby kest em d'Hand.) Dir fëert en nës hëm,
 Hër Gróf!
 Besúrgt de Rëscht a sôt, éch kém már ôf. (De Gróf Harper
 gët mam Buby fort)
- Al:** Brawo, brawo, den Hèrzig Jang sol liëwen!

Scên III.

Dě Firég.

Jang II.: Gerèchtégkèt a Gnòd as Kinéksstriéwen!

Lëf Leit, an èrer Met gesin èch ên,
An dém sèng Hand èch mëng mat Stolz gëf lèn.
Èch ka mëch iren, mè èch mènge — mènge,
Du bas — du bas de Brante Pir fu Schèngen?

Pir: Dé sin èch och, Hèr Hèrzog!

Jang II.: Dan tret fir,
Gef èngem d'Hand! — Mém àle gude Pir,
Èch hu gemènt, du wèrs scho lãng begrüowen.

Pir: De Komedant welt mëch nach net douowen.

Jang II.: Mir zwê, méi löwe Pir, gi matenèn,
Htê' krit ons allebëten oder kèn.

Pir: Et siéf e Würt, èch wèrt et rapportèern,
Wan èch frun him d'Gewir mol présentèern.

Jang II.: Wö stöchs de dan an deser lãnger Zéit?

Pir: Èch wèr scho kom, wan net de Wé sô wéit,
An èch kent stôn, — dèrf èch filléicht mëch knèen,
'T sin nongzég Jôr, dô mëch nom Büodem zèen.

Jang II.: Hei sètz dèch hir! Et as hei Plãz genuch,
Kom, kom, gë net no èngem Stul op d'Such,
Èch wel et hun!

Pir: A, wan et Ère Wellen . . .

Jang II.: Méi löwe Pir, èch wès, wát èch der schellen.

Pir: Schwètz net derfun, èch hu mëng Pflicht gedun.

Jang II.: Firwát sin dan dô àner ausgezun,
Wé d'Mitrailleusen ugefång ze spéizen,
A mëch am Stéech gelòs no Hellef jéizen?
Dát wôr eng richtég Mirderei, dô Schlúocht!
Schon honertmól hun èch drun zrékgeduocht,
Wés dû mëch op déin àle Gãul gelúoden,
An d'Spüren zwémol him gerant an d'Wúoden,
Dat et ewé e Fél dohi geschos,
An alles iwerant; 't wôr e Genos
Him nozekuken, wé en iwer d'Grüowen
Gesprongen a séch hëch an d'Lúcht gelúowen,
Sô bál e Féint séch him entgèngtgestalt
A mat dem Bajonèt ons wellen Halt
Gebiden . . . Pir (e klapt em op d'Scheller), dát si bál
fofzég Jöer!

Pir: An dobéi, Hèrzog, wöre munéech schröder.

Jang II.: Dát stemt! Nu so mer, Pir, wát get dan Neis?
Ferdrës de déch dohannen alt mam Preis?

Pir: Më schlècht wë gut! Më wát mëch hirgefëert . . .

Jang II.: Mëija, dát hun éch jo nach net gehëert . . .

Pir: Dir géft, hun éch erfür, jo èng Medeil
Den älen Hèrzdéngger; 't as èng Weil
Schon hir, éch hun e pûrmol schons geschrîwen,
Më d'Ëntfert as mer emmer schellég bliwen.
Nu sin éch hei a biéden em dë Gnôd,
Wë jidfer äle wâkrégen Zaldôt.
Et as en Tröschet fir mëch, wan éch drun denken,
Dat éch och dë hir op mëng Broscht dërf hénken .

Jang II.: Marquis, wát west Der iwer des Affër?

Ärel: Mir konten d'Schreff net liësen, Majëstët,
Mir hun ons stonnelång dorem bemët.

Jang II.: Haha, méi lëwe Pir! lön dir e Schreiwer,
Ruf dir de Scriptesch Franz fum lëschte Steiwer,
Dën huöt èng Schreff sô schön ewë gedrékt,
Hët éch gewost, éch hët dir e geschékt.

Pir: Do hët éch dach gemënt, wát éch keñt liësen,
A liësen hu gelöts fu mëngen Niësen,
Dát mist al äner Chreschtemensch ferstön.

Jang II.: Jô, wan's du hinne firäus et gëfs sôn.
Abé, 't as ni ze späet fir gut ze mâchen
Wát é gefélt, éch sëlwer iwerwâchen
Fun haut un dë Affër, éch wel net hun,
Dat irgendëngem Onglëich get gedun.
Hër Grôf, get Èrem Bataillon on Zëchen,
Marquis, löst mir dër Èrekréizer rêchen.
(De Grôf zët den Dëgen a stëlt séch niëwent d'Zaldôten.)

Rammel: Fix! (De Pir sprëngt op a stëlt séch frun d'Zaldôten;
stram.) Opgepast! (De Pir zët de Sëbel.) D'Gewir op! Prä-
sëntëert! (Den Hèrzog stët op.)

Ärel: Am Num fum Hèrzog, Alisonzen, hëert :
Den Eneroffizëer Pëter Brant,
Fu Schéngen, huöt dem Alisonzelant
A sëngem Hèrzog trei gewost ze dëngen!
Hie sol de Rëscht fu sëngen Dëg ferbrëngen,
Bei sënge Kanner, jidfer Sürge las,
Als Komedant fum neie Muselschlas,

Zefriden a fu jidfer Mensch geëert,
 Hiën, dé fum Hèrzig selwer dékoréert!
 (Den Hèrzig kent orôf a spëngelt dem Pir d'Krôiz op
 d'Broscht; hiën drékt en u séch. De Pir stécht den Dëgen
 an. Den Hèrzig récht him bêt Hën.)

Jang II.: Réch mîr nach émol d'Hand, méin âle Pir!
 Et as firtlèscht, et kent mer grât sô fir! (Si kuken séch un.)
 Nu gë an dënk u méch an déi Ferspriëchen!

Pir: Èch dënken drun, bis dat elei dët briëchen! (weist op
 d'Hirz; de Pir ôf, den Hèrzig kukt em no.)

Rammel: D'Gewir ôf! (Den Hèrzig gët op e Jong an e Mëdchen
 d'ur, dë trauerég am Èk stin.)

Scèn IV.

Dë Firég.

Jang II.: Kanner, sôt, wë hëscht dat Léd
 Dat iëch an èren Ân geschrive stët?

Hèr Sës: Dat sin der zwë, dë Pap a Mam net ëern . . .

Fra Batter: An dë net më op hire Wellen hëern . . .

Hèr Sës: Dë neme Firlefanz më an dem Kap!

Jang II.: Wië si dir dan?

Hèr Sës: Èch sin dëm do sêi Pap! (Weist op d'Mëdchen.)

Fra Batter: An èch dëm do séng Mam! (Weist op de Jong.)

Jang II. (zum Jong): Sô! as dat richtég?

Tëtchen: Jo, d'Nim, më net de Réscht!

Jang II.: Â, dat as wichtég!

Da mus èch schon dat Dëngen enersichen. (Dë zwë Âler
 schwëtzen op de Jong an d'Mëdchen an.)

Ärel: Nu stel a schnël, dir kent dobausse krichen. (Den Hèrzig
 gët séch sëtzen.)

Jang II.: De Pap fum Jong, Hèr —

Hèr Sës: Sës.

Jang II.: Wë as dë Säch?

Hèr Sës.: Abé, Hèr Hèrzig, kukt dëm âlen Dräch,
 Sëin Hënes . . .

Grëtchen: Pap!

Fra Batter: Wât? So dat nach ëngkëer,
 Da schlôn èch dir më Prabli . . .

Tëtchen: Mam!

Fra Batter: Op dëng fersoffe Binët, âlen Âf . . .

Jang II.: Nun as et dès genug! Sôt de Ferlâf
Fun dër Affër an domat fêrdég, weider!

Hër Sës: Abé, Hër Hêrzog, êch wor ni e Streider,
Mè dat dén Titi do méin ênzégt Kañd
Forgáchelt, bréngt méch ausser Rañd a Bañd.
Méi Kañd as réich, dát kan èng Parti mâchen,
Méi Kañd, dé Mènni do, 't as fir ze lâchen,
Et krit zèng Affeköten beienèn;
Si lâfen al fir hat séch stompég Bèn,
A kûrz a gut, êch wel méi Kañd bestuôden,
Mè net mat dém, dén hat séch opgeluôden.

Jang II.: Bien! Wât sô' Dir derzô, Fra . . . ?

Fra Batter: Batter. — Êch,
Êch sôn, méi Jong dé get onglékeléch,
Mat dém forméngten, agebilten Dêr
Elo; méin Têt mat sènger grösser Lêr,
Dé brâuch e Mèdchen dát èng Wâsserzop
Him kacht a net esô èng kâzég Pop,
Dê aus dem Heis'chen, wèl et liést Romänen,
Fun dénen êch nach ni e Batz ferstânen;
Méi Jong, dén as nach këngem nogelâf . . .

Hër Sës: A wié' stöch da bei ous am Kicheschâf?

Fra Batter: Dir hut wuol d'Mènncher gesin, net wöer?

Hër Sës: Sô, sô! da frôt emol den Hër Paschtôer,
Dé wor derbéi wá êch de Schâus erwescht
An onser grösser, âler Auerkescht.

Fra Batter: Wèl as et schons èng Auerkescht, dát Dèngen!
An 't wor nach grâd e Schâf! Êr Lige brèngen
Méch net aus mënger Rô, mè dát ferhâlt,
Schreif dir et hanert d'Ôer och, méin Âlt,
Wan êch êngkôer nach e Brêfcho fannu
Fun dir, da schlôn êch drân ewë e Blannen — —

Hër Sës: Oho! da get mol èng! — heihinner, Grêtchen!
Hir bei déi Pap! —

Fra Batter: An dû heihinner, Têtchen,
Hir bei dèng Mam!

Jang II.: Kréizbatterinachmôl!
Iéch schléfe mir um Ên nach an d'Spidôl!
Hâlt allebêt dach neman er dom Mèner,
A jéztz dohêm, dir sit hei net beim Schenner.
Komt hir, dir zwë, a sôt mer kûrz a gut,
Wë lãng et as, dat dir iéch gir schon hut?

Tëtchen: Hèr Hèrzog, dës kan éch méch knaps entsannen.

Grëtchen: Éch gëf et och, Hèr Hèrzog, net më fannen.

Tëtchen: Mir hun ons font zô Bîrchem op dem Eis,
Do krûte mir als Kand den Èrepreis,
Fum Lâfen, Sprangen a fum schnelle Fâren,
A wë dan hëschen al dë Eisfigûren.
Mêi Grëtchen wor schons dû en Èngelskand,
Wât Wonner, dat éch glêich fir hat entbrant,
An och net lâng gebraucht fer him ze soen,
Dat éch am lëfsten nach mat him gëf goen.
Mêi Grëtchen hât dât sëlwegt scho geduoct
An huot ganz rôt séng Hand a mëng geluogt;
Ons Leit hun et erfûr a gèr geliden,
Bis d'lëschter wô se matenën gestriden,
Wël onsen Néro Sësse Kâz gebas.
Dû gôf dan alles teschent ons zeras.
Mè d'Grëtchen as mer trei nach emmer bliwen
An huot mer hëmeléch al Dâg geschriwen,
An éch hun emmer no him ausgelüst,
Méch më wë émôl an hirt Haus ferfûst.
Dû huot séi Pap mer geschter d'Dir gewisen.
Mêi Grëtchen krût natirléch Nèrwekrîsen
A kôm mer no, an d'Leit hun ons gesôt:
„Gît bei den Hèrzog, dén elèng wës Rôt.“
Dât huot mëng Mam tèrribel cujenëert,
An och séi Pap ênzok heihi gefëert.
Nun helleft ons, Hèr Hèrzog! Dir must riëden
Fir ons, wël mir jo dach emsos se biëden.

Jang II.: As dât esô, Hèr Sës, wë hîc gesôt?

Hèr Sës: Hèr Hèrzog, jô, më kukt, en Affekôt . . .

Jang II.: As dât esô, Fra Batter, alles richtég?

Fra Batter: Hèr Hèrzog, jô, më wël mêi Son sô dichtég . . .

Jang II.: Abé, da wës éch, wât éch wesse woft.
Dât nidertrechtégt Gëld as nës dru schold,
Dat zwë jong Hirzer séch fu Lëd ferbluden.
Mè mir kan ower och kën zôgemuden,
Dat éch sol jô an âmen dozô sôn.
Hèr Sës, wât huot dé Jong Téch hei gedôn?

Hèr Sës: Mir? Néischt, më kukt esô en Notèrsklërchen . . .

Jang II.: Dir hêt wuol lëwer sô e fëinen Hèrchen,
Dén Èrem ârme Kand séng Dot ferjupt,
An Téch e-guden Dâg och nach zerknupt?

Döräus get nöischit! Den Tötchen an Èrt Grötchen,
 Dät get e P'är, wël mâr tret hién beim D'ötchen,
 Bei mëngem Sèkrèter als Schroiwer an,
 Wö hién et nach én Däg wëit brënge kan.
 Ferstänèn?

Hèr Sës: Jö, Hèr Hèrzog, Ère Wellen
 As mîr Gesètz, un dât mus én erfellen . . .

Jang II.: Fra Batter, Dir gesit mat fèer Ân
 Nach net, sos këm Dor net orôf hir mân
 Dât Mëdchen do, dât wâkrég a ferstënnég,
 Wë dât kën zwët fun Ârel bis no Nënnég.
 Allé, dir zwë, hùolt mir dë Âl beim Schlap.
 An drékt se lëf! (Den Tötchen stirmt op den Hèr Sës las,
 an d'Grötchen op d'Fra Batter an dröken se lëf.)

Grötchen: { Lëf Mam!

Fra Batter: { Mëi Kan!l!

Hèr Sës: { Tët!

Tötchen: { Pap!

Jang II.: Nu lâft, mëng Kanner, lâft bei de Paschtöer,
 An dënkt u mëch om Hëchzëitsdäg am Chöer!

Tötchen: Sö lãng mer liéwen, dënke mir un haut,
 An un de Pap, dën d'Glék ons opgebaut!
 (Den Tötchen an d'Grötchen. Ârm an Ârm ôf, dë Âl Ârm
 an Ârm hannendrun, dë âner applodëeru.)

Scèn V.

Dë Firég.

Jang II.: Mëi Got, wan d'Leit sèch dach ferstoe gëfen
 A net dirékt glëch bei d'Gandârme lëfen!
 As net scho Misèr an der Wëlt genuch,
 Dat én dem ânern nogeheit séi Fluch?
 Et frët mëch, dat et och nach Menschen ègen,
 Kë Würt ze sôn, dât net owë e Sëgen.
 Komt hir, Hèr Päter, sôt mer Èrt Begir!

Päter: Hèr Hèrzog, frun dréi Jör, — dë sin et hir —
 Hun èch en Hãus gebaut fir Wësekanner,
 Fir Stemmercher an Dãwer a fir Blanner.
 Më an der lëschter Nüocht do hùot de Bletz
 An d'Kirég ageschlôn; èng Feierspretz
 Wor net bei Hand a fun dëm stärke Stürem
 As alles ôfgebraut bis op dëh Türem.

Éch komen, Hèrzig; hir mèi Lèd Iéch klôn,
 Éch wës net wîr mat mënge Kanner gôn.
 Mîr hu kê Brôt, kê Hâus fir dran ze wunnen,
 Mëng Kanner setzen op de schwärzen Dünne
 A wârden traurég ob de „gude Pap“
 Fer si néischt hûot a sôngem réiche Grap.

Jang II.: Hèr Pâter, mist éch d'Krôn fum Land fersetzen,
 Fergîewes kôm Der net fôr si mer schwetzen.
 Sôt, wifil brâucht der fir nës opzebauen?
 Schwätzt, hiéft kêng Angscht; éch wës, éch kan Iéch
 trauen!

Pâter: Dréidausend Frang kôm mëch de ganze Baü,
 Mè de Beworf wor schlecht gemât a raü.

Jang II.: Abé, mëng Hellef, dè wert Iéch net fêlen.
 Éch biêden Iéch de Kanner matzedèlen.
 Dat och èng Plâz fer si elei (weist op d'Hîrz), èng grôs
 Sôgîr, wë fir al dë, dë ârm a blôs.
 Hei si sêchsdtausend Frang fir unzufenken,
 Hèr Pâter, an éch wert nach un Iéch denken.

Pâter: Dât lôn Iéch dèn Douowen, Majestët,
 A jidfer Kannerhîrz, dât fir Iéch schlët (ôf, dë âner ap-
 plodèern).

Scên VI.

Dë Firég.

Jang II.: Dë Kanner mus ên enert d'Ârme grôfen,
 Wël d'Liéwensnôt si frë genog dët strêfen.
 Mè wan e stârke Mañ hir krêische kent,
 Da sôn éch mer: Dèn do, dë wêrft sêng Flent
 An d'Kûr, dë get sêch op; da stët et êllen,
 E stârke Mañ dë ka sêch net ferstellen.
 Hûot sêch dë Sâch esô dohannen, Schmat?
 Wâtîr en Onglêk hûot dau dëch zertrat?

Schmat: Hèr Hèrzig, dat Der west, éch sin e Rôden.

Jang II.: Mèi Bëschten, éch hun net mol Angscht frun Dôden.

Schmat: An éch wor emmer nach Républikâner.

Jang II.: Éch wôr et och emol a nach fil âner.
 Mém Âlen, dât as Kannerspilgezei:
 Dât ênzégt wât ons nôdég, as dât hei:
 Zesummenhâlen trei a fêst wë Eisen,
 An emmer ên dëm ânern d'Wëe weisen.

An dën dät Ganzt régëert als séi Kap,
 Dé sol fir al séng Kanner sin e Pap.
 Huöt ënt nach Zéit fir Kasperlénk ze spillen,
 Da kan et séch an ënger röder Millen,
 An ënger schwärzer, bloer, wë et wejt
 Séch séi Gesicht ewë e färwégt Schelt,
 Fun irgëd engem Lüssert firwe lössen
 A mat de Kanner läfen an de Strössen.
 Dät schufot jo néischt, an dët e këngem wë,
 Da krit en och fu këngem änre Schlë.
 Nu wës de, Schmat, wät éch dofunner denken,
 Si kenen enert séch emol alt zënken,
 Dät henert net, dat éch op mënger Hand
 Wel drön al Kand fum Alisonzeland,
 Fer him a mir hei d'Liéwen ze fersëssen,
 Dät ons op Schret an Tret zerstëst mat Fëssen.

Schmat (trauerég): Wër éch dach äschter kom, mëng ärme Fra!

Méin Èngel, méin ongléklécht Maria! —
 Hër Hërzog, wan éch dät gewost hët frëer,
 Dat Dir och engem Röde göft Gehëer,
 Éch hët méch sécher äneschtes behol
 A net geläuschtert më op Häs a Grol.
 Fum sëlwen kôm éch net heihinner biëdeln,
 Éch göf gedriwen fun e pür ül Giëdeln,
 Dë ganz elëng séch onser hun erbärmt,
 Wë mir frun engem halwe Jör ferärmt.
 Éch hu geschäft als Schmat op fëer Schmelzen,
 Gëng daks genog op Krëken an op Stëlzen.
 Éch hu méi Liéwen ërléich ferdëngt,
 An d'Glék huöt dürch mëng Fra an d'Haus geschëngt.
 Séchs Kanner kômen no; söfillen d'Liéwen
 Kont éch beim bëschte Wellen net erstriëwen.
 Fil äner wôren an dem Fal wë éch,
 A muncherën nach më onglékeléich.
 Dù hu mir Grëf gemät; mir krüten Hëndel
 Gléich mat der Polizei; de röde Fëndel
 Hun éch gedrön; éch göf direkt gepakt.
 Dù kôme Stëng op Stëng ewë am Takt.
 Hër Hërzog, mir, dë röëg démonstrëert,
 Mir hâte kën e Stëngchen ugerëert,
 'T wor lauter friëme Päk, dät nogerant
 Wâr kom, söbäl et fun dem Trubel Wand
 Hät krit; dë fischt fun ons gin arrëtëert,
 Mat Fëischt a Kneppeln firchterléich traktëert,

A gléich dën änern Dåg fun der Fabrik
 Entlôs, an dë erbéigéläfe Klik
 Get ugestalt; dü köme batter Zéiten;
 Fun dém wât mir geliden, schréf éch Séiten!
 Kën Nöper huôt mat mir e Würt geschwât,
 A jidfer Patron méch frun d'Dir gesât,
 Wa mir och Dåg an Nüocht fir dë pur Suen
 Den Hummer an der mider Fäuscht gefluen.
 Den Hunger as net aus dem Häus gewach,
 A mënger ärmer Fra as d'Hirz gebrach,
 Wë noenën dréi Kanner ons gestürwen
 A mir et mat der ganzer Wêlt ferdürwen.
 Dréi Kanner hun éch nach; si si méin Trösch;,
 Dât jéngst as krank, et huôt de Kokelhöscht,
 Dë äner zwé dë krüte geschter d'Riédeln.
 Fer si, Hèr Hèrzog, stin éch hei ze biédeln.
 Dat éch néischt z'iéssen hun — wât léit mer drun —
 Më d'Kennercher hu këngem néischt gedun.
 Erbärmt Iéch hîrer, Hèrzog, löst se liéwen,
 Löst net fergiéwes méch mëng Hèn erhiéwen!

Jang II.: Schmat, lös der sôn, dir as déi Rêcht geschit!

Wât é wës dü ferdéngt, dât huôs de krit.
 Dir mat de grösse Wirder, schârfe Zongen,
 Wât hâl der wüol fu mir, dir ärem Jongen?
 Hu Dir net më Ferstand an èrem Sen,
 Fir net emol ze fannen wë èr Fren?
 A mëng Dir fléicht, éch sëtze elei ze schlöfen,
 Bei schënen Dammen a mat stolze Gröfen?
 A mëng Dir fléicht, éch wër esö èng Schlap
 Dë fir èng Ennerschreft e ganze Grap
 Fu Gold al Mönt séch lössen ausbezuolen,
 A fir dë Më an d'Friémt séch gin erhuolen,
 Dë jidfer Tës'che Kaffi, jidfer Su,
 Dë si den ärme Leit mat wënég Gu
 Hu gin, a jidfer Zeidonk lösse sätzen,
 A séch kréizdom dermat frum Follék brëtzen?
 Ha, zenter d' Scépter an des Hand gelüogt,
 Hun éch këng ènzég rôég Nüocht ferbrüocht;
 Wan dir schons läng am dëfste Schlöf geléen,
 Göng éch nach stonnéläng op battre Wéen,
 Hun éch nach stonnéläng geschäft, gedüocht,
 A fir méi Follék bludég Affer brüocht. —
 Më dât as klôr, éch kan net alles wessen,
 A më wë èn dët méch fléicht batter messen.

Èch gin et zö, mè as dat fléicht e Groun
 Fir dat hié' net de Wé heihinner font?
 Et si jo al mëng Kanner, d'Alisonzen,
 A kónt fun hinnen lössen èch ferhonzen.
 Schmat, nu gë hém! Dir sol déi Rêcht scho gin.
 Èch sëlwer wel déi strënge Richter sin,
 Dë Säch bleift net ösö, wël èch entschêden
 Wë d'Alisonzen an hirt Land ze löden.
 Dû bas fur deser Ston u Schmat um Haf;
 Wël méin as âl, dat hüt sêch gut getraf.
 Hüol dat elei fir d'Këschten ze bestreiden, (get em Gêld)
 A lös deng Kanner nî më Honger leiden;
 Gë rôég hém a so zö deng Fren,
 Wa si net këmen, da këm èch geschwen
 Se sichen; wël e Pap sûrgt fir sêng Kanner,
 Och wa si onferstënnóg, — dach net manner.

Schmat: Èch wër net kom, wan d'Hirz mer net geblud,
 Dir hut mer Kräft nês gin a Liéwesmut,
 Fir ous dët eng nei Son sêch haut erhiéwen,
 Têch, Majéstät, gehêert onst neit Liéwen (ôf).

Scên VII.

Dë Firég, d'Octavy.

(Den Hêrzog setzt a Gedanken op dem Trôn; dë âner
 kuken op hién a wârden. Ebémöl hêert ên eng Stem:
 „Löst méch gôn, löst méch gôn!“ Tumult hanert der Bün.
 D'Wüochten bei der Dir kréizen d'Bajonët. Da komen an
 d'Dir d'Octavy an de Grôf Harper. Hién hüt de blösen
 Dêgen an der Fâuseht a strêkt d'Hand nom Octavy aus
 fir et zrêkzeréissen).

Grôf Harper: Hält et un! (D'Octavy schlët d'Bajonëtten âusernên a rént
 op den Hêrzog dur; den Hêrzog spréngt op a rift:)

Jang II.: Grôf! Grôf! wât orlâbt Der Têch?

Get ên elei emfang mat Mësserstiêch? (De Grôf ôf.
 D'Octavy as an dër Zêit op den Hêrzog durgerant, frun
 em nidergefal an hüt sêng Knêsen emfâst.)
 Méin âremt Kand, wât hüt dat ze bedéiten?
 E Glék, das dû méch nach entdêkt beizéiten.
 Wât wôlt de Grôf? Du kans mîr fréi et sôn,
 Hié sol net nach emol dir êppes dôn. (D'Octavy kréischet.)
 Nujé, méi Kand, nu lös dëch och nês trêsohten —
 Wât as geschit?

- Octavy:** Èch wôr hei mat den ðeschten,
O Hèrzig! (et kréischet nês.)
- Jang II.:** Wât, wât mèi Kayd?
- Octavy:** Löst méch nês gôn,
Èch kan et jo frun al dé Leit net sôn.
- Jang II.:** Marquis! Dir fèert d'Leit wë frëer emmer
Bis an de Sa| fru mëngem Arbéchsømmer.
Gróf! Dir marjëert mat der Trup am Haf
An explizëert hinnen Èr nei Waf!
- Gróf Rammel:** D'Gewir op! Marsch! (D'Zaldôten ôf, d'Leit no, alles zët
séch 'zrék; den Hèrzig bleibt elèng mam Octavy.)
- Jang II.:** Nu kom déch bei méch setzen!
Wël si mir ganz elèng! Nu lös mer schwëtzen.
Wë hëschst de, Kayd?
- Octavy:** Èch hëschen Octavy.
- Jang II.:** A wë nach?
- Octavy:** Hëlperet.
- Jang II.:** Hm, èch hun nach ni
Dé Num gehëert.
- Octavy:** Hèrzig . . .
- Jang II.:** (felt em an d'Rîéd) Lös méch sichen . . .
En Hëlperet göng zer Zëit no Indie krichen,
An huôt et bis zem Generôl do brüocht . . .
- Octavy:** Dât wôr mèi Pap. Hîé fôl an ènger Schlüocht,
Wë èch e Kayt grât wôr fu fenef Joer.
Nach haut gesin èch fru mer sëng hëch Boer
An úowen op dem Katafalk sêi Sarg,
Dén ons geschënt en indesche Monarch.
Dâgsdrop hól méch mëng Mam op hîren Ârem,
— Dû wôre mir nach réich, haut si mir ârem, —
Fer hûrtég no Europa zrékzerësen,
Wë mir hir Mammesûrg, hir Mammëbësen
Den ârme Pap ersât sô gut et göng,
Èch hu jo kaùm ferstâne wë et stöng.
Mir göngen an hir âlég Hémécht wunnen,
Dë wëit ewëg fun allen Eisebunnen,
No Welwer, èng klèng Stâd am Èsselénk.
Do sin èch fréi ewë e Péperlénk
Am Schîéd fun Èchen ôpgewuos an Dënnen,
Hëch op de Birger dë am Fëier brënnen,
Wan d'Son drop schëngt mat ewëgjonker Glôs,

An dë nach ni betrat e Menschefs.
 Mëng Mam dë huöt méch sëlwer enerwisen,
 Wa mir zesumme sötzen an de Wisen,
 Zesumme göngen an de grënge Besch,
 Zesumme sötzen em de grössen Desch.
 Ganz röég göng ons Däg fir Däg erüwer,
 Mir wöre glékeléech — wël néischt gët driwer,
 Wë wan ê ganz elëng an der Natfir,
 Spazëert wë de Wand, bäl hir, bäl dîr.
 Dû kömen Föszaldöten an Husären,
 Dë op Manöwer an der Gëgend wären,
 Bei ons an d'Dûrf a blöfe bäl zëng Dëg.
 E jongen Offizëer wör a Flëg
 A Kascht bei ons an huöt bei ons logëert;
 Söng Trup wör net a Welwer aquartëert,
 Hië stöng bei engem äure Régimënt.
 Sêi Num dé wör: Gröf Albër fu Lorënt.
 Him wör sëng Mam a jonge Jör gestürwen,
 A mat dem Pap hât hiën et ürg ferdürwen,
 Dën Däg, wë si ze dëlen ugefång,
 Wël hiën net op sëng Plangen a wör gäng.
 Ê Mettëg wë mëng Mama wör spazëern,
 Gesin éch iwer d'Fëld ê galoppëern,
 An ëer éch erkant hu wiën et wir,
 Dû sprëngt e scho fum Përd, stët an der Dir,
 A lét mir an de Schös e Buké Rösen
 A sét: Komt, löst mer matenâner lösen:
 Gewannen éch, da krëen éch — — ëng Bës,
 Ferlëern éch, da kascht et méch ëng Rës
 No Elzebûrg zë drêi. — Êch wör erfëert,
 Zemól wël ni sëng Stem esö wibrëert . . .
 Êch hun och glëich ferstân wât hië gewolt,
 Wë mir e Rängelche fu pârem Gold
 Ebëmol an dem Schös lög bei de Blumen.
 An éch stöng do méch hëmeléech ze schummen,
 Dat éch kê Würt më fir ëng Ëntfert fout.
 Dû, dû (kent net më weider.)

Jang II.: Mut, Kaud!

Octavy: Hië kest méch op de Mont.
An éch, éch . . . (krëischt).

Jang II.: Krëisch net, Octavy, mir wërten
Dë Won nës hëlen, dû bräuchs net ze fërten.
Wât wojs de sön? éch hun dëch enerbrach?

Octavy: Dé Ränk elei huót hie mer ugestach,
An éch wor net emstand fer him ze wiren,
Wël éch, — — wël éch — éch hát en hëmléech giren.

Jang II.: Mè so mer, Kand, wë huót en ausgesin ?

Octavy: O Hèrzog, kukt, en hát dësélwégt Min
Wë Dir, a wan éch Iéch hei schwëtzen hëern,
Da mängen éch schon hié gëf d'Würt nës fëern.
E stolze Gëschicht wë dén huót Èr Armë,
— Éch iwerdreiwën net, — gewes net më.
Hié gëf Iéch sëlwer ganz gewes gefälën.

Jang II.: Mè Kand, éch hët mer hiën och festgehälën.

Octavy: O Hèrzog, läuschtert, an Dir wèrt ferstón
Dat éch net dñrfir hir si kom Iéch plón.
De Gróf huót mir gefal, kóm bei méch freien —
Hët éch gewost, dat éch et mist bereien ! —
Mëng ärem Mam huót sëer jô gesôt,
Wë hié scho gléich méch em mëng Hand gefrôt.
Mè ener ons huót alles misse bleiwën,
Fir dat séi Pap net kóm et hannerdreiwën.
Dat huót de Gróf al Däg ons ubefüol,
A kóme Leit, séch hürtég fortgestüol.
Ons Höchzëit gëf ganz hëmeléech gefeiert ;
De Gróf huót sëng Ferspriëchen hært erneiert,
Nach mürges ðer mir an d'Kirch si gäng.
An dach, mir wôr a blöf et hëmléech bång.
Éch kopt méch net më mat dén äne frëen,
Éch hët am lëfsten dëf am Gráf gelëen.
Mëng Mam hát kê fun onsen åle Fren
Geruf, më hir gut Laun huót méch geschwen
Matfortgeras ; éch krüt nës Fréd um Liéwën,
Wë mir do stöngen d'Glás an d'Lücht ze hiéwën.
Éch hu gelächt, më wë si fort as gäng,
Huót gléich mëng grösség Angscht nës ugefång.
Éch wôr den ëschten op dén äne Mürgen,
Zefride fir méi jonge Stôt ze sürgen,
Hei fannen éch e Brëf op mëngem Desch
Dé knaps gedréchent, d'Tent dë wôr nach fresch,
Éch réisse schnël en op, o Got am Himmel,
De Gróf wôr fort ! — Èng ärm gebrache Grimmel,
Lög éch ze füoblen do dréi Woche bål,
Mëng gud, lëf Mam, dë huót méch heigehål,
Sos wër éch sécher an dër Zëit gestürwën,
Méi Liéwën as a bleift jo dach ferdürwën.

Jang II.: Dät do ferstin éch net, dohanner stécht
 Ganz sécher éppes, wël sêi Glék zerbrécht
 Ên net esö. Wät kan dät wüol bedéiten?
 Dû hûos këng Spâr entdêkt no kënge Sâiten?

Octavy: Néischt, gûr néischt wë dé klänge Brëfchen hei.
 Êch hun e font op mëngem Bräutgezei.
 (Get dem Hêrzog de Brëf; e-liést:)

Jang II.: Méi lêft, ongléklécht Octavy!
 Onst Glék wôr ze grôs, fir dat et lãng hêt dauere
 kenen. Êch mus fun der fort, bleiwen öwer dach emmer
 bei dor, wans de méch och net më gesêis. Méi Num
 zwëngt méch zö dém hârde Schret; më den Dãg as net
 wêit, wö éch dëng trei Lêft dausendmôl belöne wel. Sich
 net no mer, du kans méch dach net fannen; fejs de méch,
 da sin éch fir emmer fir dëch ferlûr. Ferzei mer, më
 éch hu missen esö mân, wël éch wel net, dat dë schënst
 Blum fu mëngem Land êngem âneren ugehêert. Méint
 bus de a bleifs de, bis den Dãg kont, wö éch der e gel-
 dene Kranz em dëng Marberstir ka léen.

Dé fir dëch as de Gröf Albêr fu Lorênt.

Dät do kan nemen e Prophêt erklêren,
 Dé liése kan doufowen an de Stêren.
 — Hié löst dëch ganz olèng an as dach do . . .

Octavy (fêlt an): An dät as richtég, wät hié sêt elo.
 Op Schret an Trot fermëngen éch ze spiren,
 Dat hiên al Lêd ewëg fu mir dêt wiren.
 Êch hât méch drau êrgin, wan et och hârd,
 A bis zö desor Ston op hié' gewârd.
 Nun as mëng Krãft zö Ên; wël gescht de Mûrgen
 Hun éch mëng Mam begrüowen, dë al Sûrgen
 Mat mir gedêlt, méch an der Rîcht gehâl,
 Wan éch fun Ongedold ferzweiwelt bâl.
 Nu sin éch ganz olèng bei friëme Menschen,
 A mus al Ston den Dôd erbêi mer wenschen.
 O Pap, sol éch sô jonk scho misse stîrwen!
 Sol éch mat Blut mëng Hên scho misse firwen?

Jang II.: Kãnd! Kãnd! wät hêscht dät do? E Lêd der mân?

Octavy: Êch dêrf jo këngem kuke më an d'Ân!

Jang II.: Kãnd, lös de Pap an desor Sãch gewêrden,
 Dé wës am bêschten wë ên d'Menschenhêrden
 An op de gude Wé nês fêre kan.
 Dëm Offizêer brëngt hiên och nês dran.

Ëng Fro firtallerëscht. Wätfir eng Nummer
Hât da sêi Régimènt?

Octavy: Ëng Âxt, en Hummer,
Huôt hié gedrôn um Kol . . .

Jang II.: Also Géni!
Da fannen éch dem Hër séng Kompani (e schêlt, den
Offizéer Simmer kopt.)

Simmer: Èr Majéstét begîrt?

Jang II.: Telephonéert
A frôt, wätfir e Régimènt Géni gemanewrèert
Det Jôr doufowen an dem Èsselék.
Lâft, tommelt Téeh, ferlèert kên Ablék!

Simmer: Dât kan éch Èrer Majéstét gléich sôn!
Et wôr dât sèxt, dât Bréken do geschlôn!

Jang II.: Dât sèxt, dât éch heihinner komedéert?

Simmer: Em Welwer huôt dât Régimènt kampéert!

Octavy: Em Welwer? O dât as et, Majéstét!

Jang II.: Lâft bei de Komédant fum Corps, lâft, flêt,
A sôt den Offizéeschkorps sol kommen
Heihinner stenterléch! Alarm löst trommen! (Simmer ôf).
Nu siéf getrëscht! Mir fannen hién elo,
Dû wénks mer emer, wan e neien do,
Mat jô, mat nèn, dat kên et ka bemîrken.
An dèr Zéit schwétzen éch e fun den Tirken,
Fun den Albánier an hirem Lant,
Fun desem a fun dém, dén éch hu kant (Troppelen a
Schwétzen).

Aha, se komen, lös déch net fertrubeln.
Éch mache luos, hei dèrf é net ze rubeln.

Octavy: O Pap! a wan hién net derbêi, wât dan?

Jang II.: Siéf rôég, Kant, da mussen s'al eran,
Al Offizéer, dë mëng Fârwen droen.
Hei! sètz déch hîr, dû bräuchs mer net ze stoen.
A nu kê Würt më, Kant, gef nemen uocht,
Dêi Glék as an dëng égen Hand geluogt.
(D'Offizéer kommen, den Zérémoniechêf rift de Num fu
jidferèngem an de Sâl; d'Offizéer stèllen séch an Fong an
énger Rei op.)

Den Zéré- Generôl Grôf fun Èsch. — Kolonèl Hër fun der Fiélz. —
moniechêf: Léitenant Grôf fun Hesper — Léitenant Hufalis. — Léite-
nant Kröueburg. — (Den Hèrzog sôtz an dèr Zéit um
Trôn an huôt d'Octavy bekukt, dât emmer nèn gewénkt;
e gêt fum Trôn erôf, op d'Offizéer dur a schwétzt mat
jidferèngem e Würt. Et kommen nach zwê Offizéer.)

Den Zérémoniechëf: Léitenant Rödemächer, — Léitenant Roussy! (Den Hèrzog schwätzt och mat hinnen an drët séch nom Octavy em: Et wénkt nèn.)

Jang II.: (zem Gróf Èsch.) Hèr Generól, sin dät al Offizéer,
Dë an dem Èsseléker Lörewëer,
Det Jör mat Iéch gemanewrëert hun?

Gróf Èsch: Dät si se, Majéstët, dë matgezun
Doufowen op de Bîrger exèrzëern.
Mîr wören zëng do fir ze komedëern.

Jang II.: Da fëlt jo ên, dir sit dach hei zö nëng?

Gróf Èsch: Mîr wören eigentléch och net zö zëng,
Wa mîr den Irwen fun der Krön net ziélen,
Dë fir sêi Stäg méi Régiment wojt wiélen.

Jang II.: De Krönprenz wör bei Iéch?

Gróf Èsch: Jô, Majéstët,
Jô, Sëng Altès, dë huôt mat ops geknët
Al Däg am Mëtsch ewë Èr jëngst Rekruten,
Mat hinnen opgeráf am Besch dir Ruten,
Den Dëngscheit gemât fum éinfachsten Zaldôt,
Dat kê fun hinnen më ze kló gewôt.

Jang II. (zöm Léitenant Simmer): Hèr Adjutant, git schnël méi Sou
mer sichen. (Adjutant ôf.)
(Zöm Gróf fu Feiänen). Dir géft och lëwer, Gróf, fer
richtég krichen?

Gróf Feiänen: Huôlt mir de Wonsch net iwel, Majéstët!

Jang II.: Iéch huôt èng Eisemam am Schös gewët.

Zérémoniechëf: D'Altès, de Krönprenz Max fun den Ardennen.

Jang II.: Méi Sou, éch hëern emmer gër hién nënnen. (De Krön-
prenz tret op; wë hién d'Octavy gesët, firt en zrëk;
d'Octavy sprëngt op an zidert um ganze Léif. Et bëkt
de Kap a kukt net më op. Den Hèrzog Jang huôt alles
gesin a ferstân).

Dir Hèren, éch entlössen Iéch elo,
Éch hu mat mëngem Sou ze schwätzen do. (D'Offizéer ôf.)
(Zem Max): Wät hësch dät hei? — Max, wëls de mir
erklëren,

Wät éch net froe kont frun al dén Hèren?

Max: Pap, éch ferstin net, wät Der soe welt.

Jang II.: Max, Max, ké Flëk dêrf sin op dëngem Schëld.
Dû kens dät Mëdchen hei?

Max (mat raüer Stem, no ènger Paus): Nën.

Jang II.: Max, këng Ligen!

Éch liésen d'Wöerécht an dëngen Zigen.
Dû këns et net?

Max (schnël): Nën, nën. (D'Octavy ôtemt schwëer.)

Jang II.: Da schwir mer dat!

Max: Éch ... éch ... Pap ... (brécht of.) Wöfir dat? — Sôt mir
firwât?

Jang II.: Schwir!

Max: Nën!

Jang II.: Éch sôn der: Schwir!

Max: Éch wel net schwiren,
Et as jo mögeléich, dat éch méch iren!

Jang II.: Aha! Éch wës genog! De Prenz fum Land
As gin zem Chéf fun ènger Reiberband;
Hié' stilt séch an den arme Leit hîr Heiser.
A, mëngs du fléicht, dem arme Man séi Kant
Wër do fir dëng Plesëer, a mëng Hand,
Mëng Papenhand géf schwäch a mësség bleiwen,
Wans dû, den Hër, mat him déi Spot géfs dreiwien.
Dë Fäuscht elei as och fir déch fu Stöl,
A felt se nider, schönt se net omöl
Moin égent Flësch a Blud! Gef mir déin Dëgen (et geschit).
Do as dëng Fra! Hüöl si a gé! Méi Sëgen
Gin éch der mat, wans dû mir wëls ferspréichen,
Mat allem wât déch heihêlt rax ze bréichen,
An dat mëng Ân dé Bôf ni më gesin,
Dë sëngem Hërzogsblud as ontrei gin,
Dë frëch dem Hër fum Land an d'An geluen
An d'Hëmécht em sëng Dynasti bedruen (Weist no der Dir.)

Octavy (firt op): Dat, Majéstët, dat as zefil dër Schmöd!

Firwât euzët Der Èrem Son Èr Gnöd?

Éch hu gemënt, éch géf an him erkennen

Dén, dé méi Kant séi Pap én Däg géf nennen,

Ewel gesin éch, dat éch méch geirt. (Knët nider.)

Ferzeit mer, Prenz, éch hu gemënt; Dir wirt

Et, dén én Däg sëng Hand a mëng kôm léen,

Éch hu gedrémt, méi Géschit welt op nës déen.

Ferzeit mer, Majéstët, éch kont méch iren. (Stët op.)

Éch fannen hiën douowen (réist en Dolléich éraus) an de
Stiren (welt séch erstéichen).

Jang II.: O!

Max: Octavy! Èch sin et jo! (Påkt em d'Hand un, et wirt séch)
Halt, halt!

Octavy: Nën!

Max: Octavy!

Octavy: Lôs méch gôn (et welt séch fréi mân; de Max entréist
em den Dolléch.) Mat Gewalt
Sol kê méch zwängen nach mëng Schân ze droen!

Max: Dach, ôwer êch wel bei der stoen! (Den Hêrzog gêt op
den Trôn dûr, felt drop nider a schlôt d'Hên frun d'Gesicht.)

Octavy: Dû?!

Max: Èch! — Èch hât der et jo prophezeit,
Mêi Kant, ewêl êch kënne al dë Leit,
Mat dënen mîr ewêl ze donke krëen.
An dûrfir hun êch firdru misse lëen
An dëch ferlëchne mat dem Dôd am Hîrz!
Kom, Octavy, mîr gin! Al Frêd, al Schmirz,
Wel êch fun haut u gère mat dîr dëlen,
Dëng Lëft huôt lãng genog mîr misse fëlen.
Kom, lôs dën âle Man op sëngem Trôn
Do setzen, lôs de Pap fun der Natiôn,
Wë sî en nenne, dë en nach net kënne!
Lôs dë ârm dom Leit em Kîrze brënnen,
Him, dën e Gêld get a gut Rët bei Nûocht
An Dãg, an dën se hëmelëch — ferrûocht!
E Kand aus desem Follék as als Dûochter
Net gut genog fer hiën! Hié' sicht dorûochter
Mîr an der Wêlt esô eng friëm dom Pop
A schlëft se op den Trôn fum Land erop,
Sî — dë fum Land këng Dreps'che Blut emfãngen,
Krit glêch den Hêrzogsmantel emgehãngen.
A wêl êch neie Sãft dem âle Bãm
Wolt gin, mus êch ferzichten op den Drãm
Mêi Land, mêi Follék glêkelëch ze mâchen.
Kom, Octavy, mîr gin. Nei Sonne lãchen
Och ons, — mîr sin net ârm, — wêl mîr si jonk,
Et wãrt op ons de schënste Liéwesdronk!
(Sî gin zesumme fort; wë se bâl bei der Dir sin, hiëft
den Hêrzog séch lûos op a sët):

Jang II.: Max! (De Max an d'Octavy bleiwe stôn.) Èch sin âl!
Max! dû sols bei mer bleiwen!

Max: An d'Octavy? (Këng Entfert.) Sol êch et fu mer dreiwen!
Në, Majëstët, behãlt Èrt Hîrz fu Stën,

Méin Octavy an éch gi matenën.

(Zem Octavy) Kom, kom!

Jang II.: Max! Sol éch ðni Trëschter stírwen?

Max: Pap! Sol dát Kant hei op der Strós ferdírwen?

Jang II.: Max!

Max: Pap!

Jang II.: Kom bei déi Pap!

Max: An d'Octavy?

Jang II.: Brëng et — och — mat! (De Max fëert d'Octavy dem
Hèrzog an d'Ärmen; Jang II. lét den Ärm em s'allebët.)

Fergieés as alles, ni

E Würt më fun al dém, wát fir as gängen!

Jô, Kanner, schlécht hun éch et ugefängen

Fir d'Alisonzen glékeléech ze mán.

Éng Son hufot mîr geliecht an d'Sël erán,

Dat éch emstand wor, klôr méng Pflicht ze liësen,

A wë bescháf dem Follékspap séi Wiësen!

Wát éch dem Follék gin, wôr Iwerflos

Fun dém éch sëlwer dach jo kê Genos,

Dát Bëscht hêt éch em misse schénken,

Wan éch als Pap fun him hêt wollen denken.

Kuräg! Max! Dû bas op der guder Strós . . .

Ferzeit mer, Kanner, dat éch si ferlôs!

Max: O Pap! éch mâchen, wát Dîr méch gelëert.

Dîr hut méch sëlwer op dé Wé gefëert.

Jang II.: Komt, Kanner, stëlt Iéch niëwent Ère Pap,
Ferjéngt de Selwerschnë fu mëngem Kap. (E schëlt. Den
Adjutant Simmer kent.)

Simmer: Èr Majéstët befiht?

Jang II.: Ruft d'Offezëer,

D'Zaldöten, d'Follék, alles, sëer, sëer!

A löst dem Hèrzog an der Hèrzogin,

Dë frun Iéch stin, d'Ornât fum Hèrzog gin!

Simmer (ferwonnert): Dem Hèrzog an der Hèrzogin?

Jang II.: Git nëmmen!

A mâcht, wát éch gesôt, et wërt scho stemmen.

Octavy: O Pap! wát wel Der mán?

Jang II.: Éch wel méng Schoïd

Bezúolen! Kanner, mât, wát éch gewolt! (De Max an
d'Octavy sti rëchts a lënks fum Trôn, den Hèrzog mat
ènger Hand; Jang II. setzt do a schéngt ze drëmen;
d'Truppen réken un; d'Minister an d'Kûr komen fun alle
Sëiten erbéi a stëllen séch op; Págen brëngen Krôn an

Scépter; de Max an d'Octavy knëen op 'de Kessen nider, d's Lakéen op d'Träpen fum Trön gelüfot; Págen léen hinnen d'Hèrzogsmèntel em. Den Hèrzog get en Zèchen; d'Trompètte hlöse feierléch.

Jang II.:

Alisonzen!

Et as fir méch èng hëllég Pflicht, ze sîrgen,
 Dat d'Land mat Rô erwârd den neie Mîrgen,
 Dé jider Dâg him bröngt, ewég nês helt,
 Nach lãngéglãng, wan Dén Douowe welt.
 Êch sin en âle Man, kan haut scho stîrwen,
 An d'Krôn fu mëngem Land dë brâuch en Irwen.
 Mèi Son sol Hèrzog sin, an Hèrzogin
 Dât Êngelskant, dém hîen sêin Hîrz huôt gin,
 An dât sêin hëgen Num mat Stolz dèrf soen,
 Wa Kinéken a Kêser derno froen:
 D'Prenzessin Octavy fum Adlerstên.
 A wë êch sî ferbanne matenên (lêt hir Hèn anenên)
 Sol Dén Douowen och mëng Kanner sênen,
 Dat sî, a gëf och Bletz a Feier rênen,
 Dach emmer trei dem Land si Pap a Mam,
 A gënt al Feint fun him e stârken Dam.
 An iêch, mëng lëf, brâf Alisonzekanner,
 Iêch ufertrauen êch dë zwê net manner.
 Ferlöst se net, an dëngt e gër an emmer,
 Mèi Gêschit schwîëft em den Trön an desem Zemmer.
 Nu bröngt mer hir dë âl an hëllég Krôn
 Fum Alisonzeland, fun der Natiôn.
 Löst méch iêch op de stolze Kap se sêtzen, (Wiw, wiw.)
 Mat Frêdentrënen èr jong Stîr benëfzen . . .
 A löst mëng Pappenhand, . . . dë . . . op iêch . . . rôt (hîé'
 brêt d'Hèn iwert se âus, kukt se grôs un a fêlt dôt zrék.
 Alles sprëngt dur. De Max huôt sêi Pap am Ârm a rîcht
 en op.)

Max: Pap! (Den Hèrzog fêlt zrék.)

(Feierléch): Alisonze, bîéd, de Pap as död.

(D'Offizêr schloen un, d'Truppe présentžern, d'Follék kent erbéigestîrmt a knët nider. De Rido fêlt lûos erôf, wöbêi en Trauermarsch lûos gespîlt get.)

Èn.

